# Informatiounsblat

N°104 -2011

Bulletin d'information de l'Administration communale de Sanem




Commune de Sanem

# Inhaltsverzeichnis


| | |
|---|---|
| 3 | Procès-verbal des votes du Conseil Communal de Sanem<br>de la séance publique du lundi, 6 décembre 2010 |
| 12 | Gemeinderatssitzung Sanem vom 6. Dezember 2010<br>Budget 2011 - Rekordinvestitionen für das kommende Jahr |
| 24 | Procès-verbal des votes du Conseil Communal de Sanem<br>de la séance publique du vendredi, 10 décembre 2010 |
| 30 | Gemeinderatssitzung Sanem vom 10. Dezember 2010<br>Budget 2011 mehrheitlich verabschiedet |



## Impressum

Editeur responsable: Administration Communale de Sanem
B.p. 74 | L-4401 Belvaux | Tél. (00352) 59 30 75 - 1 | Fax (00352) 59 30 75 - 67
e-mail mail.commune@sanem.lu | www.sanem.lu

Conception et réalisation: F'CREATIONS

Textes et photos: Secrétariat communal

# Procès-verbal des votes

## du Conseil Communal de Sanem
## de la séance publique
## du lundi, 6 décembre 2010

| | |
|---|---|
| **date de l'annonce publique:** | **30 novembre 2010** |
| **date de la convocation des conseillers:** | **30 novembre 2010** |
| **début:** | **16h30** |
| **fin:** | **19h00** |

**Présents:**
M. Engel Georges, président,
Mme Asselborn-Bintz Simone, Mme Cecchetti Myriam, M. Diels Johny, M. Goelhausen Marco, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Reuter-Angelsberg Dagmar, Mme Reuter-Bauler Carine, M. Rings Robert, M. Schroeder Nico, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine, M. Wietor Gaston
M. Theisen Luc, secrétaire communal

**Absent(s) excusé(s):** /

**Premier votant:**
Mme Asselborn-Bintz Simone

Le collège des bourgmestre et échevins demande au conseil communal de bien vouloir reporter le point 14 de l'ordre du jour «Adaptation de la taxe d'évacuation et d'épuration des eaux usées» à la séance du vendredi, 10 décembre afin de lui permettre d'inclure dans la prise de décision les dernières réflexions du syndicat intercommunal SIACH et des autres communes du Kordall:

Vote unanime

# Ordre du jour

1. Correspondance et Informations

2. Approbation des rapports du 11 juin 2010, 30 juin 2010 et 23 juillet 2010

Vote unanime

## PROJETS

3. Acquisition d'une pompe protectrice inondation (projet définitif détaillé). Devis estimatif: 3.960,- (article budgétaire: 4/0340/2241/001)

Vote unanime

4. Acquisition d'un mannequin d'exercice (projet définitif détaillé). Devis estimatif: 1.480,- (article budgétaire: 4/0340/2241/001)

Vote unanime

## TRANSACTIONS IMMOBILIERES

5. Approbation d'un acte de vente avec les consorts REISER-KAUFMANN-PROKOP concernant la vente d'une parcelle de terrain inscrite au cadastre de la Commune de Sanem sous le numéro cadastral 1321/7102, place, sise au lieu-dit 'cité op Gewaennchen', section D d'Ehlerange avec une contenance d'environ 6 ares 51 centiares au prix de 1627,50,- euros en faveur des consorts REISER-KAUFMANN-PROKOP

Vote unanime

## FINANCES

6. Approbation de subsides à diverses associations

| Nom | Objet | Montant demandé | Montant accordé |
|---|---|---|---|
| Centre de secours Sanem | Chaise transport Subvention communale pour 2011 | 3.207,41 € | 3.207,41 € |
| Interesseveräin Eilereng | Concours Villes et Villages fleuris 2009 | 674,92 € | 450,00 |
| Interesseveräin Eilereng | Concours Villes et Villages fleuris 2010 | 607,32 € | 450,00 |
| Diddeleng Helleft asbl | 15e anniversaire de Diddeleng Helleft | | Pas de soutien financier |
| Flek Lëtzebuerg Wuel vun de Fleegefamilljen | Soutien financier | | 0,00 |
| Grand Longwy Water Polo | Soutien financier | | 0,00 |
| Centre d'Initiative et de Gestion Sectoriel Archipel | Demande de soutien au projet Ile aux Clowns | | A ré-aviser par la commission des finances |
| Croix-Rouge luxembourgeoise | Campagne annuelle Sapin de la Croix-Rouge | | 0,00 |

Vote unanime

7. Travaux de rénovation dans la maison no 24 de la rue de l'Eglise à Soleuvre. Devis estimatif: 26.762,81 € (article budgétaire: 4/0125/2123/005)

Vote unanime

8. Approbation d'un contrat de bail avec la famille Grün relative à la location de la maison no 24 de la rue de l'Eglise à Soleuvre

Vote unanime

9. Approbation d'un contrat de bail avec la Fabrique d'Eglise de Soleuvre concernant le «Poarsall Zolver» sis à L-4463 Soleuvre rue Prince Jean, 13, comprenant une surface d'environ 160 $m^2$

Vote unanime

10. Approbation d'une convention avec l'association «RADIO BELLE VALLEE» relative à la mise à disposition à titre gratuit du premier étage du local connu sous la dénomination «Kaplounshaus» à Belvaux pour les activités internes de l'association

Vote unanime

11. Approbation de conventions relatives à la participation de la commune de Sanem aux frais de permis de conduire des membres du service d'incendie et de sauvetage

Vote unanime

12. Organisation du service «Nightrider» dans la région Sud pour l'année 2011:
    a. Décision de participer à l'action du syndicat PRO-SUD

Le Conseil communal décide:
1. de continuer la participation au service "Nightrider" du syndicat PRO-SUD pour l'année 2011 et de libérer de ce fait 14.700,- € pour l'année 2011
2. que la commune n'assumera aucune responsabilité envers le détenteur de la carte du fait d'éventuels manquements aux obligations engagées par l'entreprise privée chargée de l'organisation du service «Night-Rider», (accident, coupure de service, retard, confort, comportement des autres voyageurs et du personnel, état du matériel roulant, propreté dans les bus et autres)

    b. Création d'une taxe / prix de vente

Le Conseil communal décide:
1. de fixer le prix de vente de la «Night-Card» pour les habitants de la commune de Sanem âgés au jour de vente de moins de 27 ans à 40,- € pour les cartes vendues entre le 1er janvier 2011 et le 31 août 2011 et à 20,- € pour les cartes vendues entre le 1er septembre 2011 et le 31 décembre 2011
2. de fixer le prix de vente de la «Night-Card» pour les habitants de la commune de Sanem dont l'âge au jour de vente est égal ou supérieur à 27 ans à 80,- € pour les cartes vendues entre le 1er janvier 2011 et le 31 août 2011 et à 40,- € pour les cartes vendues entre le 1er septembre 2011 et le 31 décembre 2011

Vote unanime

13. Approbation d'une convention de partenariat NATURA 2000 Luxembourg – LIFE07NAT/L/000542

Vote unanime

14. Adaptation de la taxe d'évacuation et d'épuration des eaux usées

Vote unanime

15. Modification du règlement taxe pour l'utilisation des locaux et installations communaux

Le conseil communal décide d'approuver avec effet au 01.01.2011 le règlement taxe modifié pour l'utilisation des locaux et installations communaux ci-dessous et prie l'autorité supérieure à donner son accord:

| **Associations: (Catégories: voir Titre A - Art. 2.)** | **Catégorie I & Commissions communales** | | **Catégorie II** | **Catégorie III** | **Catégorie IV** |
|---|---|---|---|---|---|
| Genre des manifesta-tions:* | Manifestations ayant un lien direct avec le but de l'association*<br><br>(avec ou sans entrée) | Autres mani-festations: Bal, Bazar, Marché, Déjeuner, Fête...<br><br>(avec ou sans entrée) | Manifestations de toutes sortes<br><br>(avec ou sans entrée) | Manifestations de toutes sortes<br><br>(avec ou sans entrée) | Manifestations de toutes sortes<br><br>(avec ou sans entrée) |
| **Tarif de location:** (0 - 144) = Points / 1 P 01.01.2011 (1 Point = 25 Euro) = 1J (N) = Location Non-prévue (sauf autori-sation spé-ciale du C.E.) | Gratuit | J = Tarif de base<br><br>W = 1.5 x J<br><br>S = 3 x J<br><br>Jour suppl. =1/2 J | Catégorie I | Catégorie I x 9 | Catégorie I x 12 |
| **Temps de location:** **(J)** par Jour = 08.00 - 08.00 **(W)** par Weekend = Sa. 08.00 - Lu. 08.00 **(S)** par Semaine = Lu.(Ma.) 08.00 - Lu. 08.00 | J \| W \| S | J \| W \| S | J \| W \| S | J \| W \| S | J \| W \| S |

| | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Hall omni-sports Roger Krier Sol. (& Buvette) | 0 | 0 | 0 | 4 P - 100 € | 6 P - 150 € | 12 P - 300 € | 4 P - 100 € | 6 P - 150 € | 12 P - 300 € | 36 P - 900 € | 54 P - 1350 € | 108 P - 2700 € | 48 P - 1200 € | 72 P - 1800 € | 144 P - 3600 € |
| Salle des Fêtes Sous-sol Hall omni-sports Roger Krier Soleuvre<br>Hall polyvalent Sanem<br>Hall polyvalent Ehlerange | 0 | 0 | 0 | 3 P - 75 € | 4,5 P - 112,5 € | 9 P - 225 € | 3 P - 75 € | 4,5 P - 112,5 € | 9 P - 225 € | 27 P - 675 € | 40,5 P - 1012,5 € | 81 P - 2025 € | 36 P - 900 € | 54 P - 1350 € | 108 P - 2700 € |
| Salle des Fêtes Maison comm. Belvaux (Sans cuisine/ buvette!)<br>Grande salle Ecole 2000 Sol. (& Réfectoire)<br>Grande salle 1er Centre culturel Metzerlach (& Hall d'entrée et salle rez-de-chaussée) | 0 | 0 | 0 | 2 P - 50 € | 3 P - 75 € | 6 P - 150 € | 2 P - 50 € | 3 P - 75 € | 6 P - 150 € | 18 P - 450 € | 27 P - 675 € | 54 P - 1350 € | 24 P - 600 € | 36 P - 900 € | 72 P - 1800 € |
| Grande salle A Gadder Belvaux<br>Grande salle Maison Beck Sol.<br>Grande salle Centre Secours Ehl. | 0 | 0 | 0 | 1 P - 25 € | 1,5 P - 37,5 € | 3 P - 75 € | 1 P - 25 € | 1,5 P - 37,5 € | 3 P - 75 € | 9 P - 225 € | 13,5 P - 337,5 € | 27 P - 675 € | 12 P - 300 € | 18 P - 450 € | 36 P - 900 € |
| Terrains de football et autres Installations de sports | N | N | N | N | N | N | N | N | N | N | N | N | N | N | N |

| | | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 3ème Hall de Tennis | | | | | | | | | | | | | | | |
| Salle de gymnastique à l'école Belvaux-Poste | | | | | | | | | | | | | | | |
| Salle de gymnastique à l'école Chemin rouge | 0 | 0 | 0 | 1 P - 25 € | 1,5 P - 37,5 € | 3 P - 75 € | 1 P - 25 € | 1,5 P - 37,5 € | 3 P - 75 € | 9 P - 225 € | 13,5 P - 337,5 € | 27 P - 675 € | 12 P - 300 € | 18 P - 450 € | 36 P - 900 € |
| Hall d'entrée et salle rez-de-chaussée Centre culturel Metzerlach Réfectoire Ecole 2000 Soleuvre | | | | | | | | | | | | | | | |
| Hall d'entrée A Gadder Belvaux | | | | | | | | | | | | | | | |
| Buvette Hall omnisports Roger Krier Soleuvre (à coordonner d'éventuelles réservations de grandes salles dans les mêmes bâtiments!) | 0 | 0 | 0 | 0,5 P - 12,5 € | 0,75P - 18,75 € | 1,5 P - 37,5 € | 0,5 P - 12,5 € | 0,75 P - 18,75 € | 1,5 P - 37,5 € | 6 P - 150 € | 9 P - 225 € | 18 P - 450 € | 6 P - 150 € | 9 P - 225 € | 18 P - 450 € |
| Autres salles et installations attribuées en permanence et exclusivement à une seule association | | | | | | | | | | | | | | | |
| Toutes les autres salles et installations appartenant à la Commune | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 3 P - 75 € | 4,5 P - 112,5 € | 9 P - 225 € | 4 P - 100 € | 6 P - 150 € | 12 P - 300 € |

Vote unanime

## PERSONNEL - ADMINISTRATION

16. Fixation du nombre des emplois des différentes fonctions du cadre fermé prévu pour les diverses carrières

Vote unanime

## PERSONNEL - MAISON RELAIS POUR ENFANTS

17. Création d'un poste d'aide-éducateur (m/f) avec une tâche de 16 heures par semaine et à durée indéterminée, sous le statut de salarié tombant sous le champ d'application de la CCT SAS, carrière de l'éducateur PE5 (en formation)

Vote unanime

18. Création d'un poste d'éducateur diplômé (m/f) à mi-temps et à durée indéterminée, sous le statut de salarié tombant sous le champ d'application de la CCT SAS, carrière de l'éducateur PE5

Vote unanime

19. Création d'un poste d'employé administratif détenteur du certificat de fin d'études secondaires ou du certificat de fin d'études secondaires techniques (m/f) à mi-temps et à durée indéterminée, pour les besoins de la maison relais de SANEM sous le statut de salarié tombant sous le champ d'application de la CCT SAS, carrière PA3

Vote unanime

## DIVERS

20. Programme d'action pour l'exercice 2011 du Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA)
Coût total du programme d'action 2011: 164.421,44 euros

Vote unanime

21. Nomination d'un chef de corps et de deux chefs de corps adjoints des sapeurs-pompiers de la commune de Sanem

Le Conseil Communal décide de nommer:
Monsieur Nico Reiffer, né le 17 avril 1965 à Esch/Alzette, demeurant à L-4480 Belvaux, 148, Chemin Rouge, comme chef de corps des sapeurs-pompiers volontaires de la commune de Sanem;
Monsieur Guy Welscher, né le 23 mai 1953 à Differdange, demeurant à L-4992 Sanem, 29, rue Ermesinde, comme chef de corps adjoint des sapeurs-pompiers volontaires de la commune de Sanem;
Monsieur Victor Greisch, né le 3 juin 1956 à Differdange, demeurant à L-4482 Belvaux, 31, rue Michel Rodange, comme chef de corps adjoint des sapeurs-pompiers volontaires de la commune de Sanem

Vote unanime

22. Approbation de règlements d'urgence pris par le collège des bourgmestre et échevins

   a. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant le trafic élevé de camions dans la rue Charly Gaul à Belvaux provenant des chantiers du site Belval Nord pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 16 novembre 2010.
   b. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant l'organisation de la fête des rentiers 2010 dans le hall omnisport à Soleuvre pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 22 novembre 2010.
   c. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux d'élargissement du pont CFL dans la rue de l'Usine à Belvaux (halte provisoire) pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 26 novembre 2010.
   d. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux de raccordement des maisons n°173-177 rue de Soleuvre à Belvaux pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 26 novembre 2010.
   e. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux d'extension des feux de signalisation dans la route d'Esch à Belvaux pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 26 novembre 2010.

Vote unanime

23. Questions et divers

## BUDGET

24. Présentation du budget rectifié de l'année 2010

25. Présentation du budget de l'année 2011

**SEANCE A HUIS CLOS**

## PERSONNEL - CIPA

26. Nomination d'un éducateur m/f à raison de 20 heures/semaine au CIPA de Soleuvre, et à durée indéterminée sous le statut de salarié bénéficiant du CCT SAS, carrière PE5

Est nommé(e):
Mme Romeo Francesca

27. Nomination d'un aide-soignant m/f à raison de 20 heures/semaine au CIPA de Soleuvre, et à durée indéterminée sous le statut de salarié bénéficiant du CCT SAS, carrière PS5

Est nommé(e):
Mme Zwally Natascha

28. Nomination d'un infirmier m/f à raison de 40 heures/semaine au CIPA de Soleuvre, et à durée indéterminée sous le statut de salarié bénéficiant du CCT SAS, carrière PS4

Est nommé(e):
M. Muller Patrick

29. Nomination d'un infirmier m/f à raison de 40 heures/semaine au CIPA de Soleuvre, et à durée indéterminée sous le statut de salarié bénéficiant du CCT SAS, carrière PS4

Est nommé(e):
Mme Lefèbre Martine

30. Nomination d'un infirmier m/f à raison de 30 heures/semaine au CIPA de Soleuvre, et à durée indéterminée sous le statut de salarié bénéficiant du CCT SAS, carrière PS4

Est nommé(e):
Mme Erbach Ariane

## PERSONNEL - OFFICE SOCIAL

31. Nomination d'un employé communal m/f à plein temps et à durée indéterminée de la carrière de l'assistant social / assistant d'hygiène sociale pour les besoins de l'office social de la commune de Sanem

Est nommé(e):
Mme Cozzi Tamara

# Gemeinderatssitzung Sanem vom 06. Dezember 2010

# Budget 2011 - Rekordinvestitionen für das kommende Jahr

In der heutigen Gemeinderatssitzung vom 06. Dezember 2010 standen insgesamt 31 Punkte auf der Tagesordnung. Die Vorstellung des Budgets 2011 vom Schöffenrat stach dabei am meisten hervor.

Die Gemeinde Sanem hat beim Wettbewerb „Eng Gemeng fir Jiddereen 2010" den ersten Platz belegt.

## BELES

Vor der offiziellen Eröffnung der öffentlichen Sitzung, bat Bürgermeister Georges Engel (LSAP) einen Punkt von der Tagesordnung zu entfernen und auf die kommende Sitzung am 10.12.2010 zu vertagen. Hierbei handelte es sich um die Anpassung der Wasser- und Kanalgebühren. Seit geraumer Zeit arbeitet die Gemeinde zusammen mit den anderen Kordallgemeinden, innerhalb des Syndikates SIACH, an einer gemeinsamen Linie in diesem Dossier. Am vergangenen Freitag wurden dem Schöffenrat neue Überlegungen vom Syndikat mitgeteilt. Um diese neuen Vorschläge gewissenhaft und ordentlich durchzuarbeiten, bat der Schöffenrat also um eine Verschiebung der Abstimmung über die Wasser- und Kanaltaxen.

*Weiterhin teilte Bürgermeister Georges Engel (LSAP) den anderen Ratsmitgliedern eine erfreuliche Nachricht mit. Die Gemeinde Sanem hat im Rahmen des Wettbewerbs „Eng Gemeng fir Jiddereen 2010" der Vereinigung „Info-Handicap" den ersten Preis gewonnen. Bei diesem Ausschreiben ging es darum Initiativen von Gemeinden zu belohnen, die sich für eine Verbesserung der Lebensqualität und des barrierefreien Bewegens aller Bürger einsetzen.*

Im Anschluss daran wurden die Berichte der vergangenen Gemeinderatssitzungen vom Juni und Juli 2010 unisono von den Räten verabschiedet.

## NEUES MATERIAL FÜR DIE FEUERWEHR SANEM

Der Gemeinderat bewilligte danach zwei Bereicherungen für die Ausrüstung der lokalen Feuerwehr. Zum einen handelte es sich um eine Pumpe die bei Überschwemmungen zum Einsatz kommen soll, zum anderen um eine Übungspuppe. Beide Kostenvoranschläge wurden einstimmig bewilligt.

Desgleichen wurde der Kaufvertrag einer Parzelle in Ehleringen, die Subsidien an verschiedene Vereine, die Renovierungsarbeiten eines gemeindeeigenen Hauses in der rue de l'Eglise in Zolwer und dem dazugehörigen Mietvertrages ohne weitere Diskussionen genehmigt.

*Außerdem wurde auch ein Mietvertrag mit der „Fabrique d'Eglise de Soleuvre" verabschiedet. Seit September dieses Jahres mietet die Gemeinde den „Poarsall", die Küche und weitere Räume (insgesamt 160 m²) in der rue Prince Jean für den Bedarf der „Maison Relais". Es sei vielleicht kein perfekter Saal, aber dennoch kommt diese Lösung uns momentan sehr entgegen, so der Bürgermeister. Durch eine kleine Investition wurde nochmals Platz geschaffen, so dass es bis heute, seit Beginn des Kinderbetreuungsservice der Gemeinde, keine Warteliste gibt und bislang jedes Kind aufgenommen wurde.*

CSV-Rätin Nathalie Morgenthaler fragte in diesem Zusammenhang nach den „Agréments" des zuständigen Familienministeriums und den Konformitätsanforderungen bezüglich der obengenannten Räumlichkeiten. Bürgermeister Georges Engel (LSAP), sowie die Schöffen Marco Goelhausen und Jos Piscitelli (beide LSAP) erklärten hierzu, dass die Genehmigung vom Familienministerium bereits erteilt wurde. Vor der Eröffnung des neuen „Foyers" waren Vertreter des Schöffenrates und des Ministeriums vor Ort um alle Renovierungs- und Umgestaltungsarbeiten abzusegnen. Selbstverständlich sei es allen Akteuren bewusst, dass diese Räume nicht dem Ideal einer modernen „Maison Relais" entsprechen. Das Familienministerium hat dennoch eine provisorische Erlaubnis (das jedes Jahr erneuert werden kann) gegeben, da erstens das Gebäude trotz kleinerer Schönheitsmängel regelkonform ist und zweitens die Gemeinde weitere neue Kindertagesstätten in naher Zukunft eröffnen wird.

Mit dem „Radio Belle Vallée" wurde eine Konvention abgeschlossen, die die Benutzung der Räumlichkeiten im „Kaplounshaus" in Beles regelt.

Zudem zeigten sich die Gemeinderäte auch einverstanden mit den Konventionen bezüglich der finanziellen Beteiligung an den Führerscheinskosten von zwei Mitgliedern der Feuerwehr.

## „NIGHTRIDER"-SERVICE WIRD AUCH 2011 WEITERHIN ANGEBOTEN



Auch im nächsten Jahr wird der „Night Rider" weiterhin angeboten.

Wie bereits in den vergangenen Jahren schlug der Schöffenrat vor, das „Nightrider"-Projekt auch 2011 weiterzuführen. Hierzu erklärte Schöffe Marco Goelhausen (LSAP), dass im Gegensatz zu anderen Südgemeinden der Erfolg dieses Angebotes in Sanem konstant bleibt. Die Gemeinde liegt unter anderem mit 912 Fahrten (in den ersten 6 Monaten 2010) weit vorne. Was die Preise betrifft, gibt es für 2011 keine Änderungen.

Schöffin Myriam Cecchetti (Déi Gréng) gab danach einen kurzen Einblick in die Konvention „Natura 2000 Luxembourg". Hierbei geht es um die Umsetzung von EU-Direktiven bezüglich von Vogelschutz- und Habitatzonen. Auch diese Konvention wurde einhellig verabschiedet.

Anschließend erläuterte Schöffe Jos Piscitelli (LSAP) beim nächsten Punkt die Anpassungen des Taxenreglements betreffend die Benutzungskosten für kommunale Säle und Einrichtungen.

Wie jedes Jahr mussten die Gemeinderäte die Zahl der Posten im „cadre fermé" der verschiedenen „carrières" festlegen.

Weiterhin wurden 3 Posten für die Bedürfnisse der „Maison Relais" geschaffen. Hierbei handelte es sich um einen Hilfserzieher/in für die Betreuungsstätte Ehleringen, einen Erzieher/in für das Foyer in Beles und einen administrativen Posten zur Unterstützung der Direktion.

Daneben bewilligte der Gemeinderat einstimmig das Aktionsprogramm 2011 des Naturschutzsyndikates SICONA, die Nominierung des Kommandanten (Nico Reiffer) und stellvertretenden Kommandanten (Vic Greisch und Guy Welscher) der Feuerwehr und die temporären Verkehrsregelungen des Schöffenrates.

## PRÄSENTATION DES HAUSHALTES 2011 VOM SCHÖFFENRAT

Traditionsgemäß wurde die Vorstellung des berichtigten Budgets 2010 und des Budgets 2011 zusammen behandelt. Hierzu hielten Bürgermeister Georges Engel (LSAP) und Schöffin Myriam Cecchetti (Déi Gréng) die jeweiligen Reden.

## REDE ZUM BUDGET VON GEORGES ENGEL:

Virun 12 Méint hu mer an deser Gemeng eng Rei richtungsweisend Décisiounen geholl. Mär hunn décidéiert, dass mer eng ganz Rei vu neie Projeten gingen réaliséieren, déi eis och nach iwwert dest Joer beschäftegen a wou mer och nach am nächste Joer Suen mussen investéieren. Et sinn dat **zukunftsweisend Projeten, Invester an déi nächst Generatiounen**, déi eis elo finanziell belaaschten, déi d`Liewensqualtiéit an der Gemeng awer immens erhéigen.

Mär hunn des Décisiounen geholl obwuel mer an enger wirtschaftlech schwiereger Lag waren. D'Zuelen vum Staat waren net optimistesch, mär hunn eis vill Gedanke gemach, wéi mer des schwiereg Situatioun kënne meeschteren, mär hunn eis ganz Finanzplanung iwwerholl an zum Deel och ëmgestallt. Mär hunn eng genau Finanzanalys gemach, déi genaust säit Joeren, well mer och dest Joer Zäit haten, well de Congé politique endlech ugepasst gouf, a konnten eis an engem Groupe financier de Budget ordinaire méi genau op d'Long zéien. Dorop kommen ech méi spéit nach ze schwätzen.

Mär sinn also vill Projeten ugang déi wichteg sinn fir eis Gemeng. Déi Projeten sinn an de läschte Joeren hei an desem Gemengerot bal **alleguer an der Unanimitéit gestëmmt** ginn. Et goufen, wéi sou oft hei bei eis, net vill Projeten vun enger gréisserer Envergure, déi net den Apport vum ganze Conseil kritt hunn. Ausnahmen sinn et éischter bei spezifeschen präzise Punkten bei verschiddenen Projeten ginn, déi awer, sou hunn ech et mol ëmfonnt, am globalen net a Fro gestallt waren.

Dass mer mat eiser Entscheedung richteg lungen, soen eis d'Zuelen vun haut. Och wa mer nach ëmmer virsiichteg musse sinn an eis Ausgaben am A behale mussen, gesäit déi finanziell Situatioun am Land haut besser aus wéi virun 12 Méint. A virun 12 Méint soot ech iech:

„Glécklecherweis gouf an deser Gemeng an de läschte Joeren eng viirsichteg awer keng ängschtlech Finanzpolitik gemach. De Budget 2010 ass keen einfache Budget, mä mär sinn zouversiichtlech dass mer aus deser schwiereger Situatioun gutt erauskommen."

Mär hunn eis getraut wichteg Décisioun fir eis Gemeng ze huelen. An dat obwuel hei am Land a Budgetfroen éischter Schwarzmalerei wéi konstruktiven Optimismus gepriedegt gett.

Wat sinn d'Eckdaten vun dem **Budget rectifié:**

Mär hunn 44,1 Milliounen Recetten an 37,3 Milliounen Dépensen am ordinairen, wat e Boni am Ordinairen mecht vun 6,8 Milliounen €.

Am Extraordinairen hu mer Ausgaben vun 29,6 Millioeun géigeniwwer 22,5 Milliounen € Einnahmen, wat en Defizit vun 7 Milliounen mecht.

Mam Boni vun 2009 vun 4,1 Millioun € hu mer **am Endeffekt e Boni fir 2010 vun 3,9 Milliounen €.**

Bei den Ausgaben well ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer am Budget 2010 37.116.088 € un DO virgesinn haten an am Budget rectifié der elo 37.342.378 € virgesi sinn, wat eng Differenz vun 226.290 € ausmecht, wat 0.6 % ausmecht, wat also **eng excellent Aschätzung vun den ordentlechen Ausgaben virun 12 Méint war.**

Wat elo déi **extraordinär Ausgaben** ugeet, sou hate mer virgesinn am Joer 2010 38,430 Milliounen € auszeginn, am Endeffekt sinn et der 29,640 Milliounen €, dat sinn **77,7 % réalisé** vun deem wat mer virgesinn hunn. Dat ass am extraordinären e ganz gudde Rapport, dee mer nach net oft erreecht hunn. Dest ass also och e Resultat vun eisen Efforten déi mer an de läschte Joeren am Finanzberäich gemach hunn. Mär hunn déi Projeten dragesaat, déi mer och wollte machen, déi Projeten och virugedriwwen, déi am Budget stungen an anerer, déi mer net wollten oder konnten machen, hu mer ewechgeloos. Dat huet och politesche Courage gebraucht. Mär wollten awer net eis selwer an och net de Leit dobaussen eppes virspillen an hunn dofir an de Budget nëmmen dat geschriwwen, wat och réaliséiert konnt ginn. An dat huet elo och seng éischt Friichten gedroen.

Wat hu mer dann elo mat deenen baal 30 Milliounen € geschafft. Doriwwer konnt de Gemengerot sech den 27. November e Bild machen wou mer Samschtes Moies mam Bus eng Rei vun eise Chantieren kucke gange sinn:

- Hei am Gemengegebäi goufen eng Rei Aarbeschte gemach am Festsall a nei Büroen fir den OS an de RASE aménagéiert: Käschtepunkt fir 2010: 370.000 an 353.000 €, zesummen 723.000 €
- Am ST ass a gëtt nach weider um neien an um ale Gebäi geschafft: 170.000 €
- 2.5 Mill € sinn an de Bau fir eis Rettungsdingschter investéiert ginn
- 2 Mill € huet déi 3. Phas vun der Renovatioun vun der roude Wee Schoul kascht

- Obwuel nach näischt do steet, huet d'Planung fir d'Schoul um Belval eis 2010 1.7 Mill € kascht. Elo si mer awer prett de Bau unzefänken soubaal d'Noutwendegkeet dozou besteet.
- Fir d'Planung vum Chantier vun der Suessemer Schoul sinn 150.000 € ausgi ginn, de Chantier geet 2011 lass
- 47.000 € fir eng nei Chaudière an der Bieleser Schoul
- De Chantier vun der Maison relais an der rue de France geet virun: 815.000 € hu mer 2010 ausginn
- Och de CIPA wiist a wiist: 9.750 Mill € sinn hei investéiert ginn a fir 30.000 € goufe nei Better kaaft
- Et gouf weider um PAG geschafft fir ronn 100.000 €
- Mär hunn och eng Parti Acquisitiounen am Laaf vum Joer gemach, am ganzen fir 500.000 €
- Mär hunn e Masterplan fir barrierefreies Bauen und Planen ausgeschafft fir 11.600 € an op Basis vun deem Dokument hu mer um Konkur „eng Gemeng fir jiddereen" deelgeholl an do den 1. Präiss kritt
- D'Cité Gewaennchen huet eng nei Spillplaz kritt, déi esougutt wéi färdech ass: 120.000 €
- Mär hu nei Colombairen installéiert fir 166.000 €
- An der rue des Alliés ass gutt geschafft ginn an et goufen 250.000 € an de Kanal, 40.000 € an d'Waasserréseauen an 90.000 € an den Aménagement vun der Strooss investéiert. Total: 380.000 €
- Weider Kanalaarbeschten goufen an der Cité 2000 fir 204.000 €, an der rue de l'usine fir 349.000 € an an der rue de l'église zu Zolwer fir 100.000 € gemach an de Bassin d'orage an der rue de l'usine kascht fir 2010 mam Canal de rétention 490.000 €
- De Raccordement un de SIVEC an de SIACH hunn am Extraordinairen 144.000 € + 200.000 € kascht (niewent den 344.000 € an den 388.000 € am Ordinaire Budget)
- 40.000 € sinn an de Waasserréservoir um Zolwerknapp gang an et sinn och weider vill Suen an de Waassréseau investéiert ginn, e.a. och um Fenkelbierg, an der rue de l'église zu Zolwer, am roude Wee, an der rue JF Kennedy, asw.
- De Projet Veräinshaus zu Bieles gouf no weideren Alternativen analyséiert, zesummen mat dem Gérant a mär wäerten eis am Ufank vum Joer gesinn fir weider Schrëtt ze ënnerhuelen
- Am Bieleser Centre culturel och Musiksall genannt ass e Monte-charge installéiert ginn fir 29.000 €
- D'Corniche vum Centre culturel am Metzerlach ass an d'Rei gesaat ginn fir 60.000 €
- 200.000 € stinn am rectifié fir d'Hal fir d'Veräiner bei de Zuchtanlag, wou den Aménagement och 82.000 € kascht huet.
- Vestiairen um Galgebierg fir den Tennis sinn aménagéiert ginn fir 54.000 € an 2 Terraien hunn e neie Buedembelag kritt fir 99.000 €.
- Zu Suessem ass den Aménagement vum Terrain ofgeschloss ginn wat ronn 500.000 € kascht huet
- Mär ginn d'Hoffnung net op, dass den FC Eilereng nach dest Joer mat engem Invest op hirem Terrain ukënnt. Dofir stinn d'Suen och nach am Rectifié fir séier kennen ze réagéieren, soss ginn se reportéiert op 2011.
- De Boulodrom ass gutt virukomm an huet 1.650 Mill € kascht.
- An de Scheierhaff gouf dest Joer 1.7 Mill € investéiert an och do geet et gutt weider.
- Zu Suessem gett eng Hal Multisports gebaut, déi an der Planung dest Joer 50.000 € kascht huet.
- Eng ganz Rei Panneaux indicateur de vitesse goufen installéiert fir 42.000 € an och e Camionettereglement gouf ausgeschafft
- De Chantier am Roude Wee gouf finanztechnesch ofgeschloss an huet 740.000 € kascht
- Stroossebauprojeten an der rue Schuman, um Fenkelbierg, rue de l'église, rue JF Kennedy, hunn ronn 1 Milliooun €
- Eng nei Luutenanlag ka nach virun Enn vum Joer op der Kräizung roude Wee, rue Robert Krieps, rue d'Esch zu Bieles installéiert ginn fir 65.000 €
- Fir ronn 60.000 € si nei Bushäisecher opgeriicht ginn
- An der rue de la Poste hate mer gehofft nach den Aménagement vun den Trottoiren 2010 kennen ze machen, dat schéngt awer net méi duer ze goen sou dass déi Suen reportéiert ginn op 2011.

Am Total beleeft sech den Invest am Extraordinairen fir 2010 also op 29.6 Milliounen €, wat enorm vill ass. Als Verglach folgend Zuel:

**Vun 2000-2004, also a 5 Budgetsjoeren, goufen an der Gemeng Suessem 36.873 Milliounen € investéiert an alleng am Joer 2010 waren et der 29.6 Mill. €.**

Där gesidd, et ass vill investéiert ginn 2010 an et geet och esou 2011 virun. Et ass falsch, onfair a virun allem iwwerhieflech ze soen, dass des Projeten alleguer färdech am Tirang geleen hätten. Dat ass absolut net wouer an et geet net duer ze soen, dat doe mache mer eng Kéier, well domadder ass d'Aarbescht net gemach. Do geet d'Aarbescht eréischt un. Well soss wier et einfach: mär zielen elo mol alles op, wat et nach net gett oder wat ee vläit gären hätt an dann, wann et eng Kéier réaliséiert gett, vu weem och ëmmer, da soe mär, et wier eise Projet gewiecht. Dat ass nun awer wierklech ze einfach…

Ech wollt nach op de Groupe financier zeréckkommen:

Ufanks des Joers huet dese Groupe seng Aarbecht opgeholl mam Marianne Forette, Gilbert Koster, Guy Ewen,

Luc Theisen, Jos Piscitelli a mat mär. Mär hunn all Servicer eenzel gesinn, si op eis Linn, déi mer am Budget 2011 wëllen ëmsetzen, agestëmmt, an all eenzelnen Artikel a säin Détail zerluecht fir op all Aspuermoossnahm, déi am Budget dran ass, opmierksam ze machen. Mär hunn all eis Servicer sensibiliséiert, un all Spuermossnahm ze denken ouni awer un der Qualitéit vun der Aarbecht zeréckzegoen. Mär hunn also probéiert hei e Mentalitéitwiessel erbäizeféieren. All Budgetsartikel ass op Null gesaat ginn. All Service huet schrëftlech seng Projeten fir 2011 eraginn, huet sech also och konkret Gedanken misse machen wat fir Aarbeschten 2011 ufalen a wou dass se Suen wellen oder mussen investéieren. An esou konnten d'Suen am ordinäre Budget méi gezilt a méi efficace agesaat ginn. Et ass net onbedingt op all Artikel effektiv Geld gespuert ginn, mä et ass eis jo och em eng Prise de conscience gang fir sou sënnvoll wéi méiglech mat de Suen ëmzegoen. Kloer ass awer och, dass des Aarbescht nëmmen en Deel ass vun enger globaler a struktureller Neiorganisatioun vun der Aarbescht an eisen Aarbeschtsgäng. Do si mer schon op eenzelnen Dossieren ganz wäit an anerer mussen nach an Ugrëff geholl ginn.

Dat brengt eis zu den Zuelen vum Budget 2011:

Ordinär Recetten vun 45,725 Milliounen € stinn 39,679 Milliounen € Dépensen géigeniwwer, dat machen 6 Milliounen € déi Rescht bleiwen.

Am extraordinären Budget stinn Einnahmen vun 37,439 Milliounen an 46,957 Milliounen € Ausgaben.

Déi Haaptrecetten vun de Gemengen bleiwen den Impôt commercial an d`Dotation de l'Etat.

An der Circulaire vum Minister steet kloer dran wat mer als Einnahmen asetze kënnen. Et handelt sech hei awer wéi ëmmer ëm e virsiichtege Pronostik, deen awer hëchstwahrscheinlech méi héich wäert ausfalen wéi elo virgesinn.

Fir den Impôt commercial sinn dat -3,28 % par rapport zum Compte 2009 a machen 11.475.000 € aus. Dat sinn 25 % vun eisen RO. Fir d'Dotation stinn + 13,37 % vum Compte 2009 am Budget 2011 an dat sinn 18.617.000 €. Dat sinn 40.7 % vun den RO. Zesumme machen dat ronn 30 Milliounen aus an dat sinn 65.6 % vun eisen Recetten.

Mär wëssen och all, dass d'Personalkäschten eise Budget ordinaire am meeschten belaaschten. 2010 waren et 61.5 % vum BO, fir 2011 sinn et der 61.6 % an dat obwuel eis Masse salariale vun 22.839 op 24.471 Millioun € gangen ass.

Fir eis mat aneren Gemengen vergläichen ze kënnen, musse mer awer den CIPA erausrechnen an da bleiwen nach 20.564 Milliounen € wat dann 51.8 % sinn vun den DO. Dat ass eng Augmentatioun vun 0.6 % wat duerch eng Rei vun Astellungen ze erklären ass, déi duerch eis Servicer geleescht ginn. Enner anerem kann een do d'Chèques services drarechnen.

Nach e puer Wuert zu eisen Einnahmen:

De **Pacte logement** sollt eng vun eisen grousse Einnahmen sinn. Dem Planning vu verschiddenen Projeten no, sollten och scho méi Wunnengen färdech a bewunnt sinn, wat dann och zu méi Recette gefouert hätt. Fir 2010 waren am Budget 418.500 € virgesinn, et stinn der awer nëmmen 162.000 € am Rectifié. Do erwarde mer eis fir 2011 am ganzen 762.750 €, déi dann op 7 verschidde Projeten mat 108.965 € opgedeelt sinn.

Zum **Waasserpräiss:**
Dem neie Gesetz no muss de Waasserpräiss käschtedeckend sinn. Do gett awer elo och schon erëm déi eng oder aner Ausnahm bewëllegt, déi och nom Artikel 12 vum deem Gesetz virgesinn ass. Mär bleiwen bei eisen 1.92 € / $m^3$ an der Taxe fixe vun 84 € fir den ¾ Zoll Uschloss.

**Kanaltax:**
Mat all de SIACH-Gemengen wäerte mer eis eens ginn, dass mer d'Kanaltax unisono ëm 40 cent hiewen sou-dass déi elo vun 1.65 op 2.05 € /$m^3$ eropklëmmt. Iwwert eng Upassung vun der Taxe fixe, déi elo bei 60 € läit, welle mer awer an de nächsten Deeg nach diskutéieren. Dest ass eng Mesure déi eis all net gefällt, déi mer nom Gesetz awer mache mussen, d'autant plus well mer den Ausbau vun der Kläranlag zu Péiteng mache mussen an och den Amortissement musse mat arechnen.

**Prêt**
Fir déi vill Projeten, déi ech iech duerno nach wäert méi am Détail opzielen, kennen ze finanzéieren, hu mer am Joer 2010 e Prêt vun 5 Mill € am Budget stoen. Fir 2011 steet e Prêt vun 6 Mill € am Budget. Eis Scholdelaascht ass aktuell bei 11 Mill €. Nodeems mer de Prêt vu 6 Mill € fir 10 Méint am Joer 2011 drastoen hunn, wäerte mer Enn 2011 eng Scholdelaascht vun 15.8 Mill € hunn.

Dat heescht also fir d'Prokappverschëldung: haut läit déi bei 751 € pro Persoun, 2011 kéint se bei 1066 € leien. Do leie mer am Verglach mat anere Gemeng excellent. Ier d'Myriam sech elo méi am Détail mam Ordinaire Budget befaasst, wollt ech iech awer och nach iwwert de Stand vun eisem **Fonds de Réserve** renseignéieren:

Den ass de Moment bei 3 Millioune € inchangéiert p.r. zum läschte Joer a gett am Prinzip elo just ugezaapt, wa mer en Liquiditéitsengpass hunn.

Voilà Myriam, an elo ass et un där.

## REDE ZUM BUDGET ORDINAIRE VON MYRIAM CECCHETTI:

Léif Kolleginnen a Kollegen,
Dir Damen an dir Hären vun der Press,


Nodeems den Här Rings elo 13 Joer laang den ordinäre Budget presentéiert huet, woar et dëst Joer u mär net nëmme fir de Budget mat auszeschaffen mä och elo hei op dëser Plaz ze presentéieren. Ech muss soen datt esou e Budget mat opzestellen keng ganz liicht Aufgab ass, zemools an esou enger prekärer wirtschaftlecher Situatioun, wéi mer se de Moment kennen.

Dobäi ass de Budget e ganzt wichtegt Dokument, en Dokument wat d'Rumm setzt op Grond vun déier eng Gemeng funktionéiere soll.

Hei fënnt ee bei den Dépensen dann och net nëmmen d'Chifferen déi eis eege Servicer brauchen, mä och déi, déi di 12 Syndikater brauchen fir ze funktionéieren, an deenen eis Gemeng vertrueden ass.


Wat d'Recetten (vun 45.725.052,15 €) ubelaangt, do si mär zum gréissten Deel ofhängeg vun den Zouwendungen déi mär vum Staat kréien. Dëst sinn d'„Dotation de l'état" an d'"Impôt commercial", déi 30.092.872 € an domadder 65,81 % vum ordinäre Budget fir 2011 ausmaachen.

**Impôt commercial et dotation de l'état**




Do gesidd der datt mär mat eise Previsiounen fir 2010 richteg lungen. Fir 2011 rechne mär mat engem Plus vun 9,39 %.

**Impôt commercial et dotation de l'état**




| | | 2006 | 2007 | 2008 | 2009 | 2010 | 2011 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2/1390/7611/001 | Dotation de l'état | 14.297.233 | 15.583.778 | 17.069.459 | 16.421.835 | 17.240.154 | 18.617.434 |
| 2/1390/7420/001 | Impôt commercial | 10.487.100 | 11.478.576 | 11.872.696 | 11.864.597 | 10.268.695 | 11.475.438 |
| | Total | 24.784.333 | 27.062.354 | 28.942.156 | 28.286.431 | 27.508.849 | 30.092.872 |

Hei ass och nach e Slide wou ech weise wëll wéi d'"Dotation de l'état" plus den "Impôt commercial", an de Joeren 2006 bis 2011 evoluéiert hunn. Dir gesitt dat vun 2008 bis 2010 e lichten Abroch no ennen ze verzeechnen woar, deen awer ab 2010 nees no uewen geet.

Mär hu probéiert, esou gutt wéi dat méiglech ass, e realistesche Budget opzestellen, deen esouwuel deene previsibelen Aufgaben an Dingschtleeschtungen entspriechen, wéi och mat eise „Ressources humaines" ofgestëmmt sinn, déi jo schlussendlech dës Aarbechten och musse kënnen ëmsetzen. Et ginn allerdéngs ëmmer erëm Situatiounen, esouwuel am ordinairen wéi och am extraordinaire Beräich, op déi mär leider keen Afloss hunn, resp. déi een net ka virausgesinn.

Esou hänkt de Budget ganz vill of vun de Suen déi mär als Gemeng vum Staat ze kréien hunn, wéi awer och vum Avancéieren vun deenen eenzelnen Projeten an Aarbechten. Dat Virugoen ass och nees vu verschiddene Kriterien ofhängeg. Dat kann z.B. eng Firma sinn déi net viru mécht, mä dat kann awer och vum Staat ofhänken, sief et duerch administrativ Hürden oder staatlech Decisiounen.

**Situation des Emprunts**

| Situation au | Solde | Habit. | Par tête d'habit. | Recettes ordinaires | Annuités | % des RO |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 31.12.2003 | 10.737.789 C | 14.000 | 767 € | 30.745.549 C | 1.123.289 | 3,65 % |
| 31.12.2004 | 12.026.200 C | 14.100 | 853 € | 30.753.093 C | 1.219.761 | 3,97 % |
| 31.12.2005 | 11.864.926 C | 14.150 | 838 € | 31.385.621 C | 1.348.450 | 4,29 % |
| 31.12.2006 | 10.134.306 C | 14.250 | 711 € | 34.368.202 C | 1.492.656 | 4,34 % |
| 31.12.2007 | 9.229.567 C | 14.400 | 641 € | 38.637.746 C | 1.426.040 | 3,69 % |
| 31.12.2008 | 8.261.743 C | 14.450 | 571 € | 41.198.864 C | 1.462.302 | 3,54 % |
| 31.12.2009 | 7.224.739 C | 14.564 | 496 € | 40.347.301 C | 1.456.239 | 3,60 % |
| 31.12.2010 | 11.043.823 R | 14.700 | 751 € | 44.158.733 R | 1.387.390 | 3,14 % |
| 31.12.2011 | 15.830.885 I | 14.850 | 1 066 € | 45.725.052 I | 1.163.776 | 2,54 % |

Da kann et natierlech ganz séier virkommen datt Aarbechten esou a Verzuch geroden, datt mär d'Suen am Budget stoen hunn, déi mär guer net oder nëmmen zum Deel brauchen. Dëst weist awer dann net op eng schlecht Planung hin vu Säiten vum Schäfferot, der Administratioun oder dem Service Technik. Esou ass dann och net ëmmer esou einfach Projeten an Aarbechten esou ze chiffréieren, dass een och d'Garantie huet, datt se genee esou verlafen, wéi mär dat geplangt hunn.

Eis Gemeng huet an de Joren 2005 bis 2008 keen neien Emprunt missen huelen.

Dee Prêt vun 10 Mio deen mär 2002 gestëmmt hunn as eréicht 2010 ganz opgeholl gin (5 Mio. fir 2010). Fir 2011 hu mär am Fréijoer virgesinn déi 6 Mio opzehuelen, déi mär an der leschter Sitzung gestëmmt hunn, esou datt dann de Sold vun eiser Schold op den 31.12.2011 op 15.830.885,21 € eropgeet.

Eis Gesamtschold op den 31.12.2010 beleeft sech op 11.043.823 €. D'Annuitéiten fir dës Schold zeréck ze bezuelen belaafen sech op 1.387.390 Mio wat 3,14 % vun eisen ordinairen jährlechen Recetten (vu 44.158.733,43 €) sinn. Als weider Informatioun kann ee soen, datt dës 16,9 % vum Iwwerschoss vun den ordinairen Recetten vis à vis vun den Dépensen ausmaachen.

Wa mär awer elo op den 31.12.2011 kucken dann beleeft sech eis Gesamtschold, wéi scho gesot op 15.830.885 €. (Als Verglach huelen ech dann d'Gemeng Péiteng déi eng Schold vun 22 Mio. huet.) Bei eis belaafen sech d'Annuitéiten op 1.163.776 € wat 16,1 % vum Iwwerschoss vun eisen ordinairen Recetten vis à vis vun eisen Dépensen ausmaachen an 2,54 % vun eisen ordinairen Recetten (vu 45.725.052,15 €) sinn.

Mat dësen 2,54 % brauche mär eis fir de Moment keng grouss Suergen ze maachen, well gleeft een der Circulaire vum Innenministère, da sinn hei bis zou 20 % ze vertrieden.

De Gros vun de Gemengen leit tëschend 4 an 5 %.

Trotz eise groussen Investissementer seet eise Fënnefjoersplang aus, datt mär och an Zukunft net un dee Prozentsaz vun deenen anere Gemengen erukommen.

Et sollt een och nach bemierken, datt mär endlech Mëtt 2011 deen deieren Prêt mam Taux fixe vun 8 % ofbezuelt hunn.

Eis Prokappverscholdung geet elo vun 751 € op 1.066 € erop. Wann een dës mat deene meeschten anere Gemengen vergläicht, dann ass dat nach relativ niddreg

Dann ass awer och nach ze soen, datt mär nach e „Fond de réserve" vun 3 Mio € hunn, op dee mär zu jidder Zäit kënnen zeréckgräifen wa mär mat eise Liquiditéiten an en Engpass kéimen.


Mär brauchen am Moment dës Suen, fir eis grouss Projeten ze finanzéieren, resp. virzefinanzéieren: notamment, déi déi de Buergermeeschter nach wäert oopzielen, wéi den Ausbau vum CORKS, de Pompjeesbau, d'Renovatioun vun der Schoul Suessem, d'Maison Relais an der rue de France, de Boulodrôme Nationale, de Bau vun enger neier Sportshaal zu Suessem an d'Erneierung vun verschiddene Stroossen (zum Deel mat Kanal- a Waasserreseau), fir der just e puer ze nennen.

Wann den extraordinaire Budget mat sengen neie Projet'en och vläicht dee politesch méi spektakulären Deel ausmëcht, dann ass den ordinaire Budget dofir awer net manner interessant. Hie fixéiert nämlech all d'Servicer déi de Bierger ugebueden kritt (Schoul, Maison Relais, Cipa, Jugend, Administrativ an Technesch Servicer...) a gëtt eis schlussendlech d'Moyen'en fir iwwerhaapt kënnen am extraordinairen Beräich eppes ze man.

Ech wäert elo de Budget Initial an de Rectifié 2010 esou wéi 2011 zesummen presentéieren.

Och wann d'"Recettes ordinaires" dëst Joer nees liicht an d'Lut wäert goe, musse mär oppassen datt eis „Dépenses ordinaires" net zevill héich klammen. Dowéinst hu mär all eisen Servicer un d'Häerz geluecht en Null Budget opzestellen. Si hunn sech d'Aarbecht gemeet an emol gekuckt wat si brauchen, onofhängeg vun deem, wat bis elo ëmmer am Budget stoung. Mär sinn dat mat hinnen duerch gaangen, hu mat hinnen doriwwer gekuckt an diskutéiert. Dëst woar zimlech Zäitopwenneg, mä an eisen Aen absolut noutwenneg, fir sech emol d'Fro ze stellen wat wierklech muss sinn, a wat een evt. kann ewech loossen. Dës ganz Aarbecht wäert awer eréicht d'nächst Joer richteg zum droe kommen.

**Recettes ordinaires 2010/2011**





Hei op dësem Slide gesi mär datt am Budget rectifié 8,20 % méi Recetten erakomm sinn wéi mär et erwaart haten. Dëse Plus ass eigentlech nett normal, mä vu datt mär iwwert de Posten vum Léierpersonal méi Recetten kritt hunn wéi mär geduecht hunn ass dëse Chiffer an d'Lut gaangen. Da spillen d'Erheigungen vun eise Waasser- a Kanaltaxen natierlech och nach eng grouss Roll.

Fir 2011 rechne mär mat nach 3,55 % méi Recetten. Dëst och nees gekoppelt u Servicer déi mär méi ubidde kënnen. Déi fënd een dann natierlech och nees an den Depensen (haaptsächlech an de Salairen) erëm.


Elo ginn ech méi am Detail op verschidden Servicer an déi mär eise Bierger ubidden an déi eis och eng Rei vun Recetten erabréngen.

**Maison Relais, Recettes ordinaires**





Bei der Maison Relais hu mer bei de Recetten eng Augmentatioun fir 2010 am Rectifié vun +8,24. Hei hate mär ugangs Joer nach keng Erfahrungswerter mat de Chèques de Service. Et muss een op dëser Platz och soen dat de Staat 75 % vum Défizit dréit (durch d'Chèques Service bezillt jo nach laang net all Famill de ganze Präis) an d'Gemeng awer nach muss fir déi rechtlech 25 % opkommen.

**CIPA, Recettes ordinaires**




Am CIPA hu mär genau dee selwechten Phenomen. Vu dat mär eng Rei Leit méi agestallt hunn, kennen mär och eng Rei weider Servicer ubidden, déi mär dann vun der Assurance Dépendance zeréck kréien. Dës héisch Recette vu 17,04 % kommen doduerch, dass d'Recette vun der Assurance dépendance vun 2009 och do dra sinn. Am Cipa ass et, wéi der bei den Ausgaben wäert gesinn, allerdings esou, dass deen sech mëttlerweil selwer dréit.

## Taxes communales





Op dësem Slide gesidd der d'Evolutioun vun eisen Taxen, déi mär de Leit ophiewen fir de Müll, Kanal a d'Waasser. Hei wärte mär jo, wéi iwwregens och déi aner SIACH-Gemengen, eis Kanaltaxe ëm 40 Cent hiewen.

Wat d'Recetten (vun 45.725.052,15 €) ubelaangt, do si mär zum gréissten Deel ofhängeg vun den Zouwendungen déi mär vum Staat kréien. Dëst sinn d'„Dotation de l'état" an d'"Impôt commercial", déi 30.092.872 € an domadder 65,81 % vum ordinäre Budget fir 2011 ausmaachen.

Mär hunn 2010 en Iwwerschoss vun 6,8 Mio am Rectifié stoen wou mär awer nëmmen 5,1 Mio virgesin haaten. Dës Tendenz as also positif, dowéint as eis Situatioun zwar mat Virsiicht awer net ze ängstlech ze kucken.


## Dépenses ordinaires 2010/2011




Vu datt eis Gemeng ëmmer méi wiisst, an datt et de politesche Wëllen ass verschidde Servicer iwwert d'Gemeng unzebidden a se net outzesourcen, ass et ganz normal, datt mär nei Leit mussen astellen fir déi Aarbechte kënnen ze man. Eis Salairen maachen 63 % (d'Leit vum Cipa mat abegraff) an 52 % ouni Cipa vun eisen Ausgaben aus. Dat ass dee gréissten Deel vun eisem Budget, wou et praktesch net méiglech ass anzespueren. Mär hunn am Moment 356 Salariés'en, déi 24,4 Mio am Budget ausmaachen.

Fir 2011 ginn et eng Rei nei Posten, déi batter néideg sinn, fir datt eis Servicer bescht méiglechst kënnen funktionéieren. Wéi dir hei op dësem Slide ganz gutt kënnt erkennen, ginn eis gesamt Depensen fir 2011 ëm 6,26 % an d'Lut.

## Dépenses ordinaires 2011





Op dem nächste Bild gesitt der dann wéi déi verschidden „Dépenses ordinaires" opgegliddert sinn.

Ech ginn op dëser Platz awer nëmmen op e puer Beräicher an, an zwar op eis Archiven, d'Maison Relais, den CIPA an de Service Technique.

Mär hun d'Décisioun geholl en Archivar anzestellen, dee mär bis elo schon 2 Joer iwwert de CIGL haten, an deen eis eng wonnerbar Aarbecht geleescht huet. Wa mär eben wëllen datt déi Aarbecht weider gefouert gëtt si mär an der Obligatioun hien fest anzestellen. Eis ass et dat awer wäert.


**Maison Relais, Dépenses ordinaires**




Et ass jo och esou datt eis Maison Relaisen gutt funktionéieren an dat jonk Famillien extra bei eis an d'Gemeng wunne kommen well si wëssen datt fir den Encadrement vun hire Kanner gesuergt ass wa si schaffe ginn. Alleng dëst Joer hate mär en Zoulaf, wat d'lessen ugeet, vun 25 % vis à vis vum läschte Joer. Dat bedeit natierlech, dat brauch ech jo wuel kaum nach méi déif ze erklären, datt mär dann och an dem Beräich eis Ressources humaines musse verstäerken, esou datt mär och eng Augmentatioun vun 9,10 % hei am Budget virgesinn hunn.

Dowéinst si fir 2011 nach weider Educateuren/trices virgesinn esou wéi awer och en halwen administrative Posten. Mär hunn am Moment 700 Kanner déi ageschriwwe sinn an 60 Educateuren/tricen. Fir d'Qualitéit ze verbesseren si mär jo och scho virun e puer Joer op de Wee gaange selwer ze kachen op eisen Siten, wat jo och bedeit datt mär Käch hu missen hunn. Vu dat mär esouguer privat Crèchen beliwweren schéngt d'Qualitéit vun eisen lessen jo ganz gutt ze sinn.

**CIPA, Dépenses ordinaires**




Nieft de jonke Famillen mat hiren Kanner läit eis awer och d'Wuelsin vun eisen méi eelere Bierger um Häerz an dowéinst ass fir eis och nach ëmmer kloer, datt den CIPA a Gemengenhänn soll bleiwen. Dat huet natierlech och eng Rei Onkäschten mat sech bruecht. Mär hunn och an deem Beräich ganz vill an eis „Ressources humaines" gestach. Mär hunn do e bëssi reorganiséiert a sinn um Wee fir wann dat neit Haus bis steet um Belval mat enger flotter Equipe an engem gudde Konzept do unzefänken. Och hei hu mär am Budget 2011 nei Poste stoen fir nach besser Soinen kënnen z'assuréieren, mä awer och fir mat de Leit kënne flott Aktivitéiten duerchzeféieren. Dëst schléit dann mat 5,28 % zu Buch.

Mä nieft dem neien CIPA wëlle mär och op de Wee goen fir «betreutes Wohnen» unzebidden. Dës Institutioun soll herno och iwwert de CIPA geféiert ginn.

Et muss een awer och wëssen, datt bei dësen 2 Beräicher op der Säit vun der Recette awer och nees eppes era kënnt.

Fir d'Joer 2011 gëtt eisen „Office social" jo nei organiséiert vu datt dat iwwert d'Gesetz esou virgesinn ass. Och hei hu mär missen nei Poste schafen, esouwuel am administrativen-, wéi och am soziale Beräich.

Nieft deenen doten Beräicher gëtt et awer och nach eis eegen Administratioun, eise Service Technique, déi jo och musse matwuessen fir all déi Aarbechten kënnen ze bewältegen déi ufalen esouwuel dobausse am „Espace vert", wéi och dobannen an de Gebaier. Och hei si mär op de Wee gaangen a „Sourcen" net aus, mä loossen eis Leit Gréngzonen an Spillplazen heegen a pflegen. Dowéinst hunn mär nach 2 weider Gäertner fir an d'Equipe a fir am technesche Beräich hunn mär och nach e Schlässer, e Mécatroniker an 2 Aarbechter virgesinn.

Als Bemierkung sief awer nach gesoot dat mär Aarbechtsbeschäftegungsmossnahmen wéi de CIGL an de Pro-Aktif nët als „outsourcing" koncidéréieren.

Fir dass dës Leit mobil kënne sinn an hir Aarbecht kënnen erleedegen stinn hinnen de Moment 71 Gefierer zur Verfügung. Do sinn awer och all mobil Aarbechtsmaschine, fir ze kieren, ze méinen asw... mat dran.

Ech sinnn elo mat menger Presentatioun vum Ordinaire Budget um Enn an ginn eisem Buergermeeschter dem Här Georges Engel elo d'Wuert ërëm zeréck fir den Extraordinäre Budget ze presentéieren.

## REDE ZUM BUDGET EXTRAORDINAIRE VON GEORGES ENGEL:

2011 stinn net grad 47 Milliounen € am Budget extraordinaire. Dat sinn der esou vill wéi nach ni.

Scho fir d'Joer 2010 hate mer mat 38.430.695 € e Rekordchiffer am Budget stoen. Eng Hellewull vu Projeten wäerten dann och dest Joer ofgeschloss ginn oder zumindest kuerz virun der Färdechstellung sinn.

- Fir 82.000 € gett d'Detroit Haus renovéiert an Zesummenaarbescht mam CIGL
- Fir den Dach vum ST dicht ze machen stinn 138.000 € am Budget, e Projet, dee jo och scho gestëmmt ass.
- Fir genuch Parkplazen a genuch Dépôtméiglechkeeten ze hunn ginn 50.000 € investéiert
- Wéi d'Myriam scho gesoot huet, ginn och eng Rei vu Gefierer kaaf fir eis Servicer: 87.000 € + 45.000 € + 50.000 € Total: 182.000 €
- Fir de Pompjeesbau, deen den 17. resp.18. September wäert ageweit ginn, stinn 2.870 Mill € am Budget, wat de Solde ass vum Devis, wou mer iwwregens e gutt Stéck wäerten ënnert dem Präiss leien.
- Den Terrain vun der Schoul um Belval steet mat 1.5 Mill € dest Joer am Budget an déi reschtlech Suen ginn dann 2012 bezuelt. Mär hunn des Somme op 2 Joer verdeelt. Fir de Projet selwer stinn nach eng Kéier 830.000 € am Budget, déi fir Terrassementsaarbeschten geduecht sinn.
- D'Schoul am Roude Wee geet viraussiichtlech am September 2011 fir all d'Schoulkanner erem op, et bleiwen dann nach Aarbeschten am Traapenhaus vum Bloc B, also d'Phas 4, ze machen. Käschtepunkt: 1.415 Mill €
- Et gett och weider an eis Schoulhäff investéiert
- De Schoulhaff vun der Schoul 2000 soll méi benutzerfrëndlech gemach ginn, souwuel fir d'Schoulkanner an awer och fir d'Veräiner déi do Manifestatiounen ofhalen.
- Mam Embau vun der Suessemer Schoul gett och ugefang: 1.3 Mill € stinn am Budget
- De Bau vun der EDIFF um Belval leeft zwar iwwert eise Budget, belascht desen awer net, well mer déi selwecht Somme och als Recette agesaat hunn.
- D'Maison relais an der rue de France, déi eis vill an der Schoul zu Bieles wäert entlaaschten gett färdech fir 345.000 €.
  Gesamtkäschtepunkte: 1.2 Mill €
- Och fir d'Maison relais gett e neie Minibus kaaft: 30.000 €
- D'Scouten zu Suessem kréien e Schapp fir hiert Material hannert de Bau Luss Collini: 28.110 €
- Eise Projet Betreutes Wohnen gett ëmmer méi konkret a mär hunn 50.000 € am Budget fir weider Planungsaarbeschten
- Fir nach e besseren Service un eise Clienten kënnen ze leeschten, hu mär décidéiert, neit Verpackungsmaterial fir de Repas sur roues ze kaafen, aus Porzeläin. Dat ass net nëmmen iwwert d'Dauer méi belleg, mä och vill méi ekologesch wéi d'Aluminiumsverpackung.
- Mat 10 Mill € steet de CIPA um Belval am Budget.
- An Immobilien an an Terraien investéiere mer d'nächst Joer eng ganz grouss Somme: 1 Mill € fir Studentewunnengen, 3.850 Mill € fir Terraien am Bauperimeter an 1.5 Mill € fir Haiser, Terraien, oder soss Immeubelen.
  Dat mecht en Total vun 6.373 Mill €
  Där hutt och bei de Recetten gesinn, dass mer vun enger grousser Participatioun vum Staat ausginn, déi am Kader vum Gesetz iwwert den Aide au logement virgesi sinn.
- Mär rechnen mat 762.750 € Einnahmen iwwert de pacte logement, nodeems mer jo och elo um Belval méi eng grouss Aktivitéit am Wunnengsbau hunn.
- Och am Kader vum Wunnengsbau wäert et elo endlech mam Projet um Wënschel lassgoen. Do sinn Infrastrukturkäschten vun 650.000 € virgesinn an do soll och eng Kollaboratioun mam Fonds de logement oder engem aneren Träger entstoen.
- Natierlech gett och weider um PAG geschafft, dee mer Enn des Joeres 2011 op den Instanzewee welle ginn
- Beim Boulodrom gett de klenge Fussballterrain aménagéiert fir 467.000 € an de Boulodrome selwer gett fir 1 Mill € färdechgestallt. Do ass d'Aweiung fir Juli geplangt.
- D'Emsetzen vum Masterplan Barrierefreies Wohnen gett no a no gemach: 50.000 € si virgesinn
- D'Spillplaz an der Cité Gewaennchen, déi d'Verbindung zum Kulturschapp mecht wäert eis 2011 nach 34.000 € kaschten. Gesamtkäschtepräiss: ronn 155.000 €
- D'Aarbeschten an der rue des Alliés an um Fenkelbierg gi natierlech weidergefouert an och pousséiert fir de Leit esou séier wéi méiglech eng besser Situatioun ze bidden.
- Eng Rei vu weidere Kanalprojeten kënnen ëmgesaat ginn: d'Déifferdengerstrooss zu Zolwer, rue des Aulnes zu Suessem, de Bassin d'orage an der rue de l'usine (1.9 Mill €), de Retentiounscanal an der rue du Brill, den Uschloss un de SIVEC mat 1 Mill € an de Kanal an der ënneschter Strooss vun der Cité Schmiedenacht. Domadder wëlle mer och eiser Obligation fir e gutt Kanalnetz ze suergen gerecht ginn an och déi Suen, déi mer iwwert d'Kanaltax anzéien, rechtfertegen.

- Eise Projet fir Solarenergie um Boulodrome ze installéieren soll och weidergefouert ginn an 2011 définitiv réaliséiert ginn.
- 15.000 € sti vir e Projet vun enger Maison de la laïcité am Budget, un deem 2011 geschafft soll ginn fir en dann 2012 ze konkretiséieren. Dat wier domadder déi éischt Maison de la laïcité hei am Land.
- D'Planung an d'Aarbescht um Veräinshaus wäert de pair goen mat de Konklusiounen déi mer aus den Etuden vun desem Joer zéien.
- Zu Suessem am Centre culturel gi nei Fensteren installéiert fir 90.000 € an och hei gett e Monte charge, deen och fir Persounen genotzt ka ginn, installéiert. Dat och alles am Kader vun eisem Masterplan barrierefreies Wohnen an natierlech och fir d'Commoditéit vun eise Veräiner.
- Fir 179.000 € gett déi nei Hal fir d'Veräiner bei der Zuchtanlag opgebaut.
- 500.000 € stinn am Budget fir déi nei Sportshal zu Suessem, déi all eise Sportsveräiner an awer och all den anere Veräiner déi déi bestehend Suessemer Hal benotzen ëntgéint kennt.
- Den Em- an Ausbau vum CORKS, vum Scheierhaff also, geet och gutt virun. Hei sinn 5.8 Mill € virgesinn.
- Och am Fräizäitsport gett investéiert: Endlech soll den Uschloss un d'Velospist zu Uewerkuer gemach ginn. 340.000 € stinn am Budget an d'ASTA huet e konkrete Projet präsentéiert.
- Och am Beliichten vun eise Stroossen welle mer nei Weeër goen. Dese Wee soll méi käschtegënschteg, méi efficace a méi ekologesch sinn. Et gett also eng Etude iwwert eis Stroossebliichtung gemeet, wourops hinn dann och konkret Mesure kenne geholl ginn. Testphasen hu mer och scho gemach. Sou gouf d'Rue de l'église mat LED-Stroosseluuten ausgerüst a mär konnten eis vun der Efficacitéit iwwerzeegen.
- An de nächsten Deeg wäerte mer och méi kloer gesinn, wéi de Projet vun der Passerelle iwwert d'Eisebunn beim Bieleser Kierfech mat der CFL ofgeschloss kenne ginn. 327.000 € stinn zur Verfügung.
- Et ginn och weider Panneauen fir méi Verkéierssécherheet installéiert.
- An schlussendlech kréien fir 620.000 €, soubaal d'Wierder et erlaabt, iwwer eng Dozen Stroossen e neie Belag.

Dat machen also am ganzen 46.957 Mill € aus, baal 47 Mill €. Dat machen also, wann een all eis Dépensen zesummerechent 86.6 Mill € aus, déi d'Gemeng Suessem 2011 ausgi wäert. Dat ass en absolute Rekord an domadder ass de Beweis alt erem eng Kéier erbruecht, dass Gemengen en absolut wichtegen ekonomesche Fakteur sinn, deen een absolut net sollt ignoréieren an deem seng Wierkung op eis PME-en am Land net ënnerschätzt soll ginn.

Et muss een och soen, dass vun dese ville Projeten, déi mer 2011 hunn, der och eng ganz Parti subsidiéiert ginn. Dofir hu mer jo och am Budget ausseruerdentlech Recetten vun 37.439 Mill € stoen, wat natierlech och en extrem héige Chiffer ass par rapport zu de Joeren virdrun. Dozou muss een och soen, dass do eng Rei vu Projeten derbäi sinn, déi am Kader vun der Maison d'arrêt duerch e vill méi héigen Subside ënnerstëtzt ginn.

Et ass also imminent wichteg, dass déi längst iwwerfälleg Reform vun de Gemengefinanzen endlech an Ugrëff geholl gett a net op déi lang Bänk gedréckt gett.

Et ass vläit de läschte Budget vun deser Majoritéit, déi awer houfreg op dat ka sinn, wat se geleescht huet an déi der Gemeng Suessem op alle Fall gutt gedoen huet.

Merci fir d'Nolauschteren.

Bevor in geschlossener Sitzung 6 Personalentscheidungen an der Tagesordnung standen, informierte der Bürgermeister, dass in der nächsten Sitzung am 10. Dezember 2010 die einzelnen Fraktionen ihre Stellungnahmen zum Budget 2011 abgeben werden und dass danach die Abstimmung erfolgen wird.

# Procès-verbal des votes

## du Conseil Communal de Sanem
## de la séance publique
## du vendredi, 10 décembre 2010

| | |
|---|---|
| **date de l'annonce publique:** | **3 décembre 2010** |
| **date de la convocation des conseillers:** | **3 décembre 2010** |
| **début:** | **17h00** |
| **fin:** | **19h20** |

La séance a été interrompue de 18h45 à 19h00.

**Présents:**
M. Engel Georges, président,
Mme Asselborn-Bintz Simone, Mme Cecchetti Myriam, M. Diels Johny, M. Goelhausen Marco, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Reuter-Angelsberg Dagmar, Mme Reuter-Bauler Carine, M. Rings Robert, M. Schroeder Nico, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine, M. Wietor Gaston
M. Ewen Guy, secrétaire adjoint

**Absent(s) excusé(s):** /

**Premier votant:**
M. Wietor Gaston

Le collège des bourgmestre et échevins demande au conseil communal de bien vouloir ajouter les points suivants à l'ordre du jour de la séance de ce jour:

7.a Indemnités aux agents et aux contrôleurs chargés du recensement de la population au 1.2.2011

Vote unanime

7.b Adaptation de la taxe d'évacuation et d'épuration des eaux usées

Vote unanime

# Ordre du jour

1. Correspondance et Informations

## TRANSACTIONS IMMOBILIERES

2. Approbation d'un acte de vente immobilière avec les consorts FELTZ concernant l'acquisition par l'Administration Communale de Sanem d'une maison d'habitation sise à L- 4446 Belvaux, 8, rue de France, inscrite au cadastre sous la commune de Sanem, section C de Belvaux, numéro 90/5207, lieu-dit «rue de France», place (occupée), bâtiment à habitation, d'une contenance de 11 ares 10 centiares, le tout moyennant le prix principal de 385.000.- euros

Vote unanime

3. Approbation d'un acte de vente immobilière avec les consorts DE PAIVA MONTEIRO-TORRES FLAMINIO concernant la vente d'une parcelle de terrain inscrite au cadastre de la commune de Sanem sous le numéro cadastral 1130/7929, place, sise au lieu-dit 'route d'Esch', section C de Belvaux avec une contenance d'environ 51 centiares au prix de 10.000,- euros en faveur des consorts DE PAIVA MONTEIRO-TORRES FLAMINIO

Vote unanime

4. Approbation d'un acte d'extinction d'un droit de superficie avec les consorts RASSEL - LINK concernant l'immeuble inscrit au cadastre sous la commune de Sanem, section B de Soleuvre, numéro 1576/6955, lieu-dit «IM KAEP», place, d'une contenance de 31 ares 39 centiares, avec hall

Vote unanime

5. Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit avec la société à responsabilité limitée «IMMOPRO-INVEST S.à r.l.» concernant la cession gratuite d'une parcelle de terrain inscrite au cadastre de la Commune de Sanem, section C de BELVAUX, sous le numéro 1977/7938, lieu-dit «rue de France», place voirie, sise à Belvaux d'une contenance totale d'environ 16 centiares

Vote unanime

## FINANCES

6. Prolongation de la ligne de crédit votée par le conseil communal en date du 2 février 2004 et autorisée par l'autorité supérieure le 11 mars 2004 afin de garantir le préfinancement des frais d'infrastructures de la zone d'activités «Um Woeller» jusqu'au 31 décembre 2011

Vote unanime

7. Attribution d'un fonds de roulement en faveur de l'office social suivant le règlement grand-ducal du 8 novembre 2010 portant exécution de la loi du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale

   Le Conseil Communal,

   Vu l'article 7 du règlement grand-ducal du 8 novembre 2010 portant exécution de la loi du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale;
   Vu la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

décide d'attribuer un fonds de roulement de 72.105,- euros en faveur de l'office social de la commune de Sanem.

Vote unanime

7.a Indemnités aux agents et aux contrôleurs chargés du recensement de la population au 1.2.2011

Le Conseil communal,

Vu qu'il est indiqué d'allouer aux agents-recenseurs du recensement général de la population du 1.2.2011 en dehors de l'indemnité de l'Etat une indemnité appropriée de la part de la commune;
Vu que l'indemnité prévue par l'Etat est insuffisante par rapport à la charge de travail;
Vu qu'à l'article «3/0112/6131/002 – Recensements – Indemnités» du budget de l'exercice 2011 figure un crédit de 95.000,- euros;
Sur proposition du collège des bourgmestre et échevins;
Vu la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

Décide,
après en avoir délibéré conformément à la loi,
d'accorder aux agents-recenseurs du recensement général de la population du 1.2.2011 en dehors de l'indemnité payée par l'Etat, de la part de la commune une indemnité supplémentaire de

- 1,00 euro par immeuble recensé
- 2,00 euros par ménage recensé
- 1,20 euros par individu recensé
- 25,00 euros pour la participation à la séance d'instruction

(mêmes indemnités que celles payées par l'Etat)

ainsi qu'aux contrôleurs du recensement une indemnité supplémentaire de

- 0,20 euros par ménage contrôlé

(même indemnité que celle payée par l'Etat), et

prie, l'Autorité supérieure de bien vouloir donner son approbation.

Vote unanime

7.b Adaptation de la taxe d'évacuation et d'épuration des eaux usées

Le Conseil Communal,

Vu la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;
Vu les articles 99, 102 et 107 de la Constitution;
Vu la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau;
Vu la taxe de canalisation approuvée en date du 18 décembre 2009 par le conseil communal et le 12 mai 2010 par l'Autorité Supérieure;
Considérant qu'une analyse du coût de l'évacuation et la dépollution des eaux usées a été réalisée suivant les indications de l'Etat qui conclut que le prix par $m^3$ s'élèvera en 2011 à 3,47 euro (coût de revient global);
Vu les circulaires n° 2821 du 14 octobre 2010, n° 2877 du 23 septembre 2010 concernant la tarification de l'eau;

Considérant que les collèges des bourgmestre et échevins des quatre communes du bassin de la Chiers se sont concertés en vue d'harmoniser leurs tarifs relatifs à la redevance d'assainissement;
Vu la proposition du collège des bourgmestre et échevins

- de se conformer à la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau obligeant les communes à récupérer l'intégralité des coûts des services liés à l'utilisation de l'eau au consommateur final par le biais d'une tarification fixant des redevances basées sur le principe de l'utilisateur-payeur et du pollueur-payeur;
- de se conformer à la directive 2000/60/CE du parlement européen et du conseil du 23 octobre 2000 établissant un cadre pour une politique communautaire dans le domaine de l'eau, entres autres la récupération de tous les coûts des services liés à l'utilisation de l'eau d'ici l'an 2010;
- d'appliquer les nouvelles taxes de canalisation à partir du 1er avril 2011 pour des raisons techniques;
- de fixer la part fixe annuelle par équivalent habitant moyen à 20,- € et la part variable par m³ d'eau consommé à 2,05 €/m³ ce qui revient à un prix total par m³ de 2,51 €

Considérant que la taxe d'eau potable s'élève à 2,51 euros /m³ (coût de revient global = 3,35) et que la somme des taxes d'eau potable et d'eaux usées s'élèveront donc à 5,02 euros / m³ (coût de revient global= 6,82) et ne dépassera donc pas la fourchette comprise entre 6,5 et 7 euros / m³ recommandée par Monsieur le ministre de l'intérieur et à la grande région;

décide de fixer les taxes relatives à l'évacuation et la dépollution des eaux usées à partir du 1er avril 2011 comme suit:

**Redevance assainissement (taxe de canalisation):**

**Secteur des ménages:**

"

- part variable par m³ d'eau consommé:
  2,05 € (non soumise à la TVA)
- part fixe annuelle par équivalent habitant moyen:
  20,00 € (non soumise à la TVA)

| Qn (m³/h) | 2,5 | 6 | 8 | 10 | 15 | 40 | 60 | 80 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Raccords | ¾" | 1" | 1 ¼" | 1 ½" | 2" | 3" | 4" | 6" |
| Diamètre nominal | 20 mm | 25 mm | 32 mm | 40 mm | 50 mm | 80 mm | 100 mm | 150 mm |
| Nombre d'EH moyens | 3 EH | 4 EH | 5 EH | 6 EH | 8 EH | 12 EH | 16 EH | 24 EH |
| Prix annuel (htva) | 60,00 € | 80,00 € | 100,00 € | 120,00 € | 160,00 € | 240,00 € | 320,00 € | 480,00 € |

Un utilisateur qui aura séjourné dans la commune pendant une période inférieure à la période de facturation payera une redevance mensuelle fixe (redevance annuelle fixe divisée par 12) pour chaque mois; un mois commencé étant perçu intégralement.

**Secteur industriel:**
Mêmes tarifs et conditions que pour les ménages

**Secteur agricole:**
Mêmes tarifs et conditions que pour les ménages

| Vote(s) positif(s): 14 | Vote(s) négatif(s): 1 | Abstention(s): 0 |
|---|---|---|
| Asselborn-Bintz Simone,<br>Cecchetti Myriam,<br>Diels Johny, Engel Georges,<br>Goelhausen Marco,<br>Lorang Mike,<br>Morgenthaler Nathalie,<br>Piscitelli José,<br>Reuter-Angelsberg Dagmar,<br>Reuter-Bauler Carine,<br>Rings Robert,<br>Speck-Braun Patricia,<br>Tornambé-Duchamp Nadine,<br>Wietor Gaston | Schroeder Nico | // |

## PERSONNEL - ADMINISTRATION

8. Création d'un poste de rédacteur m/f à 25 % sous le statut du fonctionnaire communal au secrétariat communal

Vote unanime

## PERSONNEL - CIPA

9. Création d'un poste de salarié non-qualifié à raison de 20 heures/semaine au CIPA de Soleuvre, et à durée indéterminée sous le statut de salarié bénéficiant du CCT SAS, carrière OU3

Vote unanime

10. Création d'un poste d'employé administratif détenteur d'un C.A.T.P. (m/f) à mi-temps et à durée indéterminée, au CIPA de Soleuvre, sous le statut de salarié tombant sous le champ d'application de la CCT SAS, carrière PA4

Vote unanime

## DIVERS

11. Approbation de règlements d'urgence pris par le collège échevinal

Pas de règlements à approuver.

12. Questions et divers

13. Approbation du budget rectifié de l'année 2010

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 44 158 733,47 | 22 572 172,10 |
| Total des dépenses | 37 342 378,94 | 29 640 215,49 |
| Boni propre à l'exercice | 6 816 354,53 | -- |
| Mali propre à l'exercice | -- | 7 068 043,39 |
| Boni du compte 2009 | 4 170 511,45 | -- |
| Boni général | 10 986 865,98 | -- |
| Mali général | -- | 7 068 043,39 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 7 068 043,39 | + 7 068 043,39 |
| Boni présumé à fin 2010 | 3 918 822,59 | -- |

| Vote(s) positif(s): 8 | Vote(s) négatif(s): 7 | Abstention(s): 0 |
|---|---|---|
| Asselborn-Bintz Simone,<br>Cecchetti Myriam,<br>Engel Georges,<br>Goelhausen Marco,<br>Piscitelli José,<br>Reuter-Angelsberg Dagmar,<br>Rings Robert,<br>Tornambé-Duchamp Nadine | Diels Johny,<br>Lorang Mike,<br>Morgenthaler Nathalie,<br>Reuter-Bauler Carine,<br>Schroeder Nico,<br>Speck-Braun Patricia,<br>Wietor Gaston | // |

14. Approbation du budget de l'année 2011

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 45 752 052,15 | 37 439 554,95 |
| Total des dépenses | 39 679 206,04 | 46 957 222,34 |
| Boni propre à l'exercice | 6 045846,11 | -- |
| Mali propre à l'exercice | -- | 9 517 667,39 |
| Boni du compte 2010 | 3 918 822,59 | -- |
| Boni général | 9 964 668,70 | -- |
| Mali général | -- | 9 517 667,39 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 9517 667,39 | + 9517 667,39 |
| Boni présumé à fin 2011 | 447 001,31 | -- |

| Vote(s) positif(s): 8 | Vote(s) négatif(s): 7 | Abstention(s): 0 |
|---|---|---|
| Asselborn-Bintz Simone,<br>Cecchetti Myriam,<br>Engel Georges,<br>Goelhausen Marco,<br>Piscitelli José,<br>Reuter-Angelsberg Dagmar,<br>Rings Robert,<br>Tornambé-Duchamp Nadine | Diels Johny,<br>Lorang Mike,<br>Morgenthaler Nathalie,<br>Reuter-Bauler Carine,<br>Schroeder Nico,<br>Speck-Braun Patricia,<br>Wietor Gaston | // |

# Gemeinderatssitzung Sanem vom 10. Dezember 2010

## Budget 2011 mehrheitlich verabschiedet

Die heutige Gemeinderatssitzung am 10. Dezember 2010 stand ganz im Zeichen der Stellungnahmen von den einzelnen Fraktionen zum Budget 2011, den Bürgermeister Georges Engel (LSAP) und Schöffin Myriam Cecchetti (Déi Gréng) am vergangenen Montag vorgestellt hatten. Daneben standen aber auch noch 14 weitere Punkte auf der Tagesordnung, von denen lediglich die Erhöhung der Kanaltaxe einige Aufmerksamkeit auf sich zog.

### BELES

Bevor Bürgermeister Georges Engel (LSAP) die Sitzung eröffnete, bat er im Namen des Schöffenrates zwei zusätzliche Punkte der Tagesordnung hinzuzufügen. Hierbei handelte es sich zum einen um die Aufwandentschädigung die im Rahmen der Volkszählung im kommenden Februar den Agenten und den Kontrolleuren ausbezahlt wird. Der zweite Punkt war die vom vergangenen Montag verschobenene Abstimmung über die Anpassung der Abwasser-/Kanaltaxe.

### VOLKSZÄHLUNG AM 1. FEBRUAR 2011

Neben vier Immobilientransaktionen stimmte der Gemeinderat auch die Verlängerung der Kreditlinie für die Vorfinanzierung der Infrastrukturkosten der Aktivitätszone „Um Woeller" in Zolwer und das Umlaufvermögen („fonds de roulement") für das Sozialbüro.




Am 1.Februar 2011 findet die große Volkszählung statt.

*Am 1. Februar 2011 findet die nächste große Volkszählung im Grossherzogtum statt. Der Staat übernimmt seit jeher die Aufwandsentschädigungskosten für die Volkszähler und Kontrolleure. Da dieser Betrag aber nicht ausreicht um genügend Leute zu finden die diese wichtige Arbeit gewissenhaft ausführen, legt die Gemeinde wie bereits früher den gleichen Betrag nochmal drauf. Insgesamt sind rund 50 Volkszähler für die Gemeinde nötig. Man habe sich für die gleichen Leute entschieden, die die „normale" alljährliche Volkszählung durchführen, zuzüglich 18 weiteren Bürgern, die sich nach dem Aufruf des STATEC in den letzten Wochen gemeldet haben, so der Bürgermeister.*

### ANPASSUNG DER ABWASSER-/ KANALGEBÜHR

Beim nächsten Tagesordnungspunkt ging es um die Anpassung der Kanaltaxe. Anhand des neuen Wassergesetzes müssen die Gemeinden nun einen kostendeckenden Wasserpreis rechnen, dies gilt also auch für Abwasser.



Kanaltaxe wird angehoben.

*Wie bereits angekündigt wollen die 4 SIACH-Gemeinden (Syndicat Intercommunal pour l'Assainissement du bassin de la CHiers, Bascharage, Pétange, Differdange et Sanem) in einer gemeinsamen Linie die variable Gebühr um 40 Cents auf 2,05 € pro m³ erhöhen. Dies sei ein weiterer Schritt in Richtung Kostendeckung, so Bürgermeister Georges Engel (LSAP).*

Daneben muss die feste Gebühr gestaffelt werden. Aktuell liegt diese bei einem Preis von 60 € pro Jahr für alle Anschlüsse an den Kanal. Dieser Betrag bleibt auch weiterhin bestehen für die über 5.000 kleinen Anschlüsse in der Gemeinde. Anstelle von 60 € pro Jahr und Anschluss, wird nun von 20 € pro Einwohnergleichwert pro Jahr gesprochen. Da die kleinen Anschlüsse auf 3 Einwohnergleichwerte festgelegt werden, ändert sich hier also nichts Grundlegendes. Für die restlichen anderen 200 Anschlüsse wird es aber eine kleine Preissteigerung geben, die bei Appartements zwischen null und maximal 8 € pro Jahr liegt. Außerdem muss nun auch der Preis für Agrikultur- und Industriebetriebe separat angegeben werden.

Somit liegt der Preis pro Kubikmeter bei 2,51 € gegenüber einem kostendeckenden Preis von 3,47 €. Genauso verhält es sich beim Wasserpreis, 2,51 €/m³ gegenüber einem Kostendeckungspreis von 3,35 €. Insgesamt müsste man also einen Preis von 6,82 €/m³ verlangen, man liegt aber noch bei 5,02 €/m³. Die Differenz von 1,80 € begleicht die Gemeinde, alljährlich sind das über 1 Million €. Was sich sichtlich spürbar in den Gemeindekassen macht, da der Staat die Subsidien für Abwasserentsorgung von 90 % auf 70 % heruntergeschraubt hat.

Gemeinderat Nico Schroeder (ADR) stimmte als einziger gegen diese Erhöhung der Abwassergebühr. Ob nun vom Gesetz oder von der EU oder von Kostendeckung gesprochen wird, diese Preiserhöhung sei nicht gerecht. Man könne nicht alles mit einer EU-Direktive entschuldigen, da die Luxemburger Regierung diese nicht nur viel früher als die anderen Mitgliedsstaaten einführe, sondern auch noch viel strenger auslege als von Brüssel vorgesehen. Ansonsten kritisierte Nico Schroeder noch die Uneinigkeit zwischen den 2 Wassersyndikaten SIACH und SIVEC, bei denen die Gemeinde Sanem Mitglied ist und fragte sich, warum sich Sanem dem Syndikat anschliesse, das eine Preiserhöhung vorsieht.

Bürgermeister Georges Engel (LSAP) zeigte sich mit seinem Kollegen Nico Schroeder (ADR) einerseits einverstanden, zum anderen betonte er, dass die Gemeinde aber immerhin noch pro Kubikmeter 1 € dazugibt und man also noch weit entfernt von einer wirklichen Kostendeckung befinde. „Wir werden als Gemeinden quasi dazu gezwungen. Diese EU-Direktive muss nun mal umgesetzt werden, auch wenn es uns nicht gefällt. Auch der SIVEC muss irgendwann das Gesetz anwenden. Wir haben uns dazu entschieden, die Erhöhungen bis zur Kostendeckung schrittweise anzuwenden und nicht erst bis 2012 ganze 2 € mehr einzukassieren, denn dies würde es für viele Bürger schwieriger machen.“, so Georges Engel (LSAP).

Nachdem auch DP-Rätin Patricia Speck-Braun ihre Stellungnahme zu diesem Punkt vorgetragen hatte, kam es zur Abstimmung, bei der die Kanaltaxenerhöhung mit 14 zu 1 verabschiedet wurde.

Schöffe Marco Goelhausen (LSAP) gab anschließend alle nötigen Erklärungen zu der Schaffung von 3 neuen Posten, zum einen für die Bedürfnisse der Gemeindearchive und zum anderen für das gemeindeigene Altenheim.

## Budget 2011 und abgeänderter Budget 2010 mit Stimmen der Mehrheit verabschiedet

Danach kam es zum wohl wichtigsten Punkt auf der heutigen Tagesordnung. Es folgen die Stellungnahmen der einzelnen Fraktionen zum abgeänderten Budget 2010 und zum Budget für das Jahr 2011.

## CSV STELLUNGNAHM ZUM BUGDET 2011

Ee grousse Merci geet vun eiser Säit aus un déi Leit vum Gemengepersonal déi beim Budget matgehollef hunn.

Mär begréissen dass eis Ufro vun deene Joere virdrun de Budget éischter ze kréien an de ganze Gemengerot an d'Finanzkommissioun ze ruffen net méi op daf Ouere gestouss ass.

D'läscht Joer hu mär kritiséiert dass de Buergermeeschter sengen Zervisser de pauschalen Optrag ginn huet 5 % an hiere Funktionnementskäschten ze spueren. Mär hu fonnt dass een als „bon père de famille" do méi selektiv misst virgoen. Dat huet sech am Laf vum Joer jo och als richteg erwisen, well mär verschidden Augmentatiounen hu missten nostëmmen.
Dëst Joer ass de Schäfferot op een anere Wee gaangen an huet mat engem Null-Budget ugefaangen, wat an eisen Aen méi ubruecht ass. En huet och zouginn dass dëst nëmmen duerch d'Erhéijung vum Congé politique machbar wuar.

Zu den Dépenses ordinaires seet d'Zirkulär vum 13. Oktober 2010 vum Inneminister, déi där vergiess hat eis ze schécken, dass déi nëmme solle maximal 5,9 % am Verglach zu 2010 steijen. Eis ordinär Ausgabe maachen awer dëst Joer eng Progressioun vu 6,5 % (vun 37.116.088 op 39.679.206 €).
Mär hätten als CSV natierlech léiwer gehat de Schäfferot hätt versicht op eenzelne Punkten bei den ordinären Ausgaben Aspuerungen ze maache fir kënnen d'Virgaben aus där Zirkulär z'erfëllen. Bei de Personalkäschte si jo net vill Aspuerunge méiglech, mä et si jo net nëmmen déi déi ënner déi ordinär Ausgabe falen, mä och nach e ganze Koup aner Saachen (wéi Assurancen, Funktionnementskäschten…). Do gesäit een also dass de Null-Budget nach verbesserungsfäheg ass.

Mär hunn e puer Froe resp. et sinn eis e puer Feeler am Budget opgefall:

Bei den ordinären Einnahme vun de Kanal- an den Ofwaassertaxe geet de Schiffer ëm 50 % (vun enger Millioun op 1,5 Milliounen) erop, obwuel nëmmen eng Erhéijung vu 25 % (0,4 €) um Kubikmeter virgesinn ass. Wéi ass déi Progressioun z'erklären?

Mär stellen eis d'Fro wat alles aus dem „Fonds à la disposition du collège pour menues dépenses imprévues" bezuelt gëtt? Dee Fong ass mat 71.000 € jo net schlecht gespeist wann ee bedenkt dass fir Rezeptiounen a Fester nëmmen 20.000 € am Budget stinn. Wéi kleng, wéi „menues" sinn déi Ausgaben dann elo wierklech?

An der Tabell vun de Statistike steet d'Grondsteier mat 382.000 € an am Budget ënner den ordinären Einnahme stinn awer 390.000 €. Wat fir eng vun deenen 2 Zuele stëmmt dann elo?

Bei der Education précoce steet mär kréichte pro Kand 743 €. Ass et dann net esou dass dee Rechemodus net méi aktuell ass? De Ministär misst dach d'Personal zu 2/3 bezuelen an net méi dee Betrag pro Kand. Misst doduerch dee Betrag vu 75.855 € net méi héich ausfalen?

Op wat fir e Joer bezéien déi 762.750 € vum Pacte logement sech? Wann dat déi vun 2010 sinn, ass et da realistesch dass mär déi schon d'nächst Joer direkt kréien?
Si sinn elo schlussendlech op 7 Projeten à 108.965 € verdeelt (do feelen iwwregëns 5 €), eng Opdeelung déi mär d'läscht Joer gefuerdert haten an dofier begréissen.
Mär froen eis an deem Kontext ob déi 162.000 € vum Budget rectifié schon integral iwwerwise gi sinn?

Allgemeng sinn e puer Artikelen am Budget rectifié bei den Einnahme vill méi héich ausgefall wéi am Budget initial virgesinn. Dat gesäit natierlech op den 1. Bléck gutt aus, mä dat ass net well dëst Joer esou gutt geschafft gi wär, mä well et déi Joere virdru vernoléissegt ginn ass déi unzefroen. Déi Suen hätte scho kënne a fréier Exercice récuperéiert ginn. Esou krute mär z.B. nach Remboursementer an der Héicht vu 840.000 € fir d'Chargés de cours aus de Joeren 2008/2009. An esou kommen nach eng Kéier ronn eng hallef Millioun fir aner Schoulartikelen dobäi. Dat selwecht gëllt fir d'Assurance dépendance am Altersheem an dat fir ee Betrag vu 683.000 €.

Am Budget si bei den Annuitéite vun eisen Emprunten, beim Deel vun den Amortissementer, nëmme 945.406 €

agedroen, d.h. manner wéi am Budget rectifié obwuel mär een neien Emprunt vu 6.000.000 € ophuelen. Och wann 2011 een alen Emprunt ewechfällt, esou ass ganz vergiess ginn de Kapitaldeel vun 267.532 € vun deem neien Emprunt vu 6 Millioune an den ordinären Ausgaben anzesetzen.
D'Madame Schäffen huet an hierer Ried an an hierer Tabell dee Kapitalundeel och vergiess an doduerch gëtt d'Resultat, wéivill Prozent d'Annuitéite vun den ordinären Ausgaben ausmaachen, een anert. Amplaz vun 2,54 % sinn et der a Wierklechkeet awer 3,13%.
Duerch d'Zeréckbezuelen vun deem Kapitaldeel vun 267.532 € schrumpft eise Gesamtboni vun 2011 ëm méi wéi d'Hallschent an ass da just nach 179.469 € amplaz vu 447.001 €. Duerch d'Ewechloosse vun esou Zomme kann een natierlech säi Budget ongewollt verschéineren.

Carine REUTER-BAULER

Mär däerfen net vergiessen dass ee groussen Deel vun de Projeten am extraordinäre Budget duerch Subsidie vum Stat gedroe gëtt. Subsidien déi méi héich ausfale wéi normal, well de Stat se gehuewen huet als Ausglach fir d'Akzeptatioun vun der Maison d'arrêt zu Suessem.
De Stat leet beim Pompjeesbau dee 6 Millioune kascht 75 %, beim CORKS 50 % vun 13,7 Milliounen, 70 % vun 10 Millioune bei der Renovatioun vun der Schoul an dem Bau vun enger Sportshal zu Suessem a 75 % bei der Schoul um Belval déi ronn 30 Millioune kascht bäi.
Déi Zousazsubsidien maachen 2,8 Millioune fir de Pompjeesbau, 2,7 Millioune fir de CORKS, 3,8 Millioune fir d'Renovatioun vun der Schoul an de Bau vun enger Sportshal zu Suessem an 10 Millioune fir d'Schoul um Belval aus.
Och wann net all Projet 2011 fäerdeggestallt gëtt, esou ginn dach schon déi zousätzlech Subsidien deelweis am Budget verschafft.

Mär fannen et awer onvirsiichteg sech ob esou substanziell Subsidien ze verloossen. Sou sinn z.B. 1.875.000 € beim Pompjeesbau a 7.800.000 € beim CIPA am Budget rectifié agesat.
Kann de Schäfferot eis eng Garantie ginn dass déi Suen am Délai kommen? Sinn déi 22.500.000 € aus dem Budget rectifié och schon tatsächlech all an eiser Kees?
Um Pabeier gesinn déi Previsioune gutt aus, mä kann de Schäfferot sech wierklech engagéieren dass déi Suen um Enn vum Joer all do sinn?
Mär wëssen alleguer dass d'Suen net ëmmer esou séier komme wéi mär et gär hätten. Zumools a Krisenzäite fäerte mär dass de Stat net direkt ausbezillt an deen Ament hätte mär ganz stuark Liquiditéitsprobleemer.

Esou sinn och iwwer 6 Millioune fir de Verkaf vun Terrainen agesat ginn. Mär hu jo awer grad dëst Joer d'Erfahrung gemat dass net Jidderee säi Wuert a Krisenzäiten hällt oder kann halen. Mär fäerten dohier dass déi Zuel vläicht zevill héich gegraff ass.

Et gi sëcherlech Invester an d'Zukunft getätegt, déi mär zu engem groussen Deel och mat droen, mä mär däerfen net nëmmen op Subsidien an Emprunte opbauen.
Mär kënne sëcherlech net an deem Rhythmus virufueren. D'Pro-Kapp Verschëldung ass vun 2009 bis 2011 méi wéi verduebelt ginn.
Natierlech seet déi Zuel net alles iwwert d'finanziell Situatioun vun enger Gemeng aus, mä mär riskéieren zevill vun de Subsidien an dem Verkaf vun Terrainen ofhängeg ze ginn. Wann d'Suen dann net esou séier erakomme wéi mär rechnen, da falen eis Pläng wéi ee Kuartespill zesummen.

Mär hunn den 28. Abrëll 2008 eng Motioun iwwert d'Implantatioun vun enger Maison d'arrêt zu Suessem gestëmmt. An deem Pabeier hu mär eis d'Dieren opstoe gelooss fir keng Baugenehmegung ze ginn, falls d'Regierung eis Konditiounen net all erfëllt.
Esouwäit wéi de Schäfferot elo awer schons an deenen eenzelne Projete Kompensatioune vum Stat, a Form vun zoustätzleche Subsidien, virgesinn a verplangt huet, verbaut heen d'Méiglechkeet iwwerhaapt nach Nee zum Projet kënnen ze soen wa mär keng Satisfaktioun kréien.
Oder wéi gedenkt de Schäfferot da virzegoen fir déi Projeten ze finanzéiere wann all déi Subsidien ausbleiwen oder mussen zeréckbezuelt ginn, ouni weider Empruntен opzehuelen an d'Pro-Kapp Verschëldung an d'Lut ze dreiwen? Wat fir eng Projeten géifen dann an d'Waasser falen a wat fir eng virugedriwwe ginn? Ginn et do fir de Schäfferot Prioritéiten?
D'Haaptfro ass also déi: gëtt et e Plang B, falls mär Nee zum Bau vun der Maison d'arrêt misste soen?

Wéi sti mär elo zu deem Budget?
Op den 1. Bléck gesäit en net schlecht aus, mä e steet an eisen Aen op wacklege Been. Eis sinn zevill Ausgaben drann, déi mat Sue solle bezuelt ginn déi mär nach net an eiser Kees hunn.
Den Undeel un extraordinär Subsidie déi agesat gi sinn, fir dass de Budget iwwerhaapt opgeet, maachen eis Angscht. Mär gesinn doranner eng Gefor fir d'Trésorerie, trotz engem Fonds de réserve vun 3 Milliounen. Esouguer mam Emprunt vu 6 Millioune komme mär just op ee minimale Boni a wann nëmmen een Deel vun de Subsidien ausbleiwt, dann hänke mär schon.
Lo sot där natierlech mär hätten den Emprunt an all déi gréisser Projete matgestëmmt. Dat stëmmt awer nëmmen zum Deel. Esou wuare mär z.B. beim Ausbau vum CORKS

dogéint. Mat der Variant vun der virrëchter Majoritéit hätte mär elleng bei deem Projet e puer Millioune gespuert. Ausserdeem wäre mär net esou vill Projete gläichzäiteg ugaang fir eis nach eng Dier opzehale falls Subsidien, aus wat fir engem Grond och ëmmer, net ausbezuelt géife ginn.

De Buergermeeschter huet a senger Ried hei am Land konstruktiven Optimismus vermësst. Mär fannen awer dass de Schäfferot e bëssen zevill optimistesch ass a sech zevill drop verléisst dass 2011 d'Sue wéi erwënscht erageflоss kommen. De Budget ass op een Idealszenario opgebaut, deen eiser Meenung no, riskéiert net esou anzetrieden.

Mär wëlle ganz sëcher och keng Schwuarzmolerei bedreiwen, mä eng gréisser Virsiicht géif eis méi berouegen. Aus deene Grënn kënne mär de Budget och net matstëmmen.

Nathalie MORGENTHALER

## ADR STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2011

Här Buergemeeschter,
Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot,

Wat den „Budget ordinaire" ugeet, ass net allzevill ze soen. 67 % vun de Recetten kommen vum Staat an d' Kees iwwer „Dotation de l'Etat" (18.617.000.-) an den „Impôt commercial" (11.475.000.-), an dann nach e bëssen vum „Impôt foncier" (390.000.- oder 11.0 %). Gottseidank, sëtzen hei am Gemengerot nëmmen vernünfteg Leit an et huet duerfir nach keen d'Propose gemeet den „Impôt foncier" fir eis Bierger erop ze sëtzen fir esou d'Resultat am OB e bëssen ze verbesseren.

Allerdéngs, net esou vernünfteg ass de Fait, dass ausgerechent an Zäiten wou ëmmer méi Leit, esouguer déi di Aarbecht hunn, ufänken finanziell Schwiereg-keeten ze kréien, de Waasserpräis (1.92.- € ab 01.04.2010) an elo esouguer d'Kanaltaxe gehuewe gëtt fir d'Kees ze fëllen. Dat fanne mir net an der Rei - och wann dat ëmmer ënnert dem Deckmäntelchen vun der Kostendeckung geschitt. Dir wësst sécher besser wéi ech, dass d'EU-Richtlinn vun der Lëtzebuerger Regierung méi séier agefouert ginn ass wéi gefrot, a méi streng ausgeleuecht ginn ass wéi vun der EU gefuerdert oder an aneren EU-Länner praktizéiert gëtt.

D'Resultat vum OB ass relativ gutt ausgefall, well d'Previsiounen vun der Regierung nach all Joer falsch woren an et sinn nach onerwaarten Nachzahlungen an Subventiounen komm. Dofir ass méi Geld an eis Gemengekees geflоss wéi ugekënnegt an et bleift ë gewëssen Iwwerschoss am ordinäre Budget (6.816 355.-) mat deem een am extraordinären Budget kann Politik maachen.

Beonrouegend ass allerdéngs beim OB, dass mir elo schonns iwwer 52 % dovunner un Paien ausbezuelen. (Mam Gemenge-CIPA esouguer 67 %). Deen Prozentsaatz klëmmt bestänneg an ëmmer nach ginn an all Gemenrotssëtzung weider Leit agestallt. Ouni dass mär elo direkt dat schlecht Beispill vun der Privatwiertschaft iwwerhuele sollen a kéng Leit méi astellen (oder esouguer ze entloossen), mussen d'Gemengen sech awer trotzdem och Froe stellen, besonnesch wat hier Personalpolitik an d'Offer vun de Servicer ugeet an iwwerpréiwen ob een dat bis an d'Onendlecht kann esou weider steigeren. Ech hoffen dofir, dass déi deier kaften Info-Programmer an Systemer (ATOZ) fir Langzäitberechnungen ze maachen mëttlerweil fonctionnéieren an iech och genau soen wat eis déi Ustellungen a Servicer an 5, 10 oder méi Joeren kaschten, an och soen wéi mer dat an Zukunft bezuele kennen.

Wann et schwéier gëtt d'Einnahmen ze steigeren, dann muss een d'Ausgaben reduzéieren a spueren. *"Sparmaßnahmen muss man dann ergreifen, wenn man viel Geld verdient. Sobald man in den roten Zahlen ist, ist es zu spät." (J.-Paul Getty)*

Dofir ass et och net falsch, dass de Schäfferot, respektiv de Groupe financier, versicht Souën anzespueren. Eng theoretesch Kostensenkung fir 2010 vun -5 % bei eenzelnen Servicer ass d'Ziel. Wat dat dann praktesch an Euro ausmécht un Aspuerungen krute mir awer net gesot.

Dann ass den 0-Budget fir 2011 agefouert ginn fir weider Aspuerungen ze maachen. D'Servicer mussen bei 0 ufänken a nei uginn wat a wéivill se wierklech brauchen? Dat mag ë gudden Exercice sinn fir den Schäfferot fir hannert d'Spill ze gesinn, mee wat et bréngt weess och hei keen, besonnesch wann dat Geld wat am OB agespuert gëtt, duerno aus dem extraordinären Budget muss gedeckt ginn wann et net duer geet. Also gehopst wéi gesprongen. Den Usaatz mag richteg sinn, mir zweiwelen awer um Resultat!! Wann ee bedéngt, dass mer zum Beispill bei der Adm. Générale 2008 (Art. 36/168) mat 116.000.- € fir Publikatiounen auskomm sinn, an elo dofir 210.000.- € virgesinn, also

81 % méi brauchen wéi virun 2 Joer, dann ass dat alles aneschtes wéi eng efficace Spuermosnahm wann een fir 2011 eng Baisse vun 5 % am Budget virgesäit. Et gëtt sécherlech méi efficace Methoden fir ze spueren.

Souwisou - wann ee wëll maassgeeblech eppes un de Recetten am ordinäre Budget änneren, da kann dat nëmmen iwwert eng allgemeng Verbesserung vun der Gemengefinanzéierung a enger méi gerechter Verdeelung vun den ëffentleche Gelder geschéien.

Wat den extraordinäre Budget ugeet,
gouf de Gemengerot virun 14 Deeg invitéiert fir en Tour duerch d' Chantieren an eiser Gemeng ze maachen, fir dass mer nach just virum Budget eng kéier däitlech virun Aen gefouert kréien, wat alles an eiser Gemeng gemeet gëtt.

An tatsächlech, dat muss een zouginn, sinn eng ganz Rei Chantieren, grousser an och méi klenger, op déi mer schonns laang gewaart hunn endlech am gaangen realiséiert ze ginn. 78 % vun dem wat virgesinn wor ass laut dem Budget rectifié realiséiert ginn. Mir gesinn et jiddefalls positiv, dass nieft deenen éiwegen «Frais d'études an Devis en élaboration» eng Villzuel vun Chantieren ze hunn wou elo de Bagger rullt an eppes do steet – och wann d'Prokappverscholdung dodueger erop geet. (2010 = 751.- € // 2011 = 1066.- €)

Et muss ee schliisslech och wëssen wat ee wëll: sech arem spueren an eng nidderech pro-Kappverscheldung ze hunn, oder massiv (awer raisonabel) ze investéieren fir d'Gemeng schnellstméigelech ze verbesseren an dat ze maachen wat am Gemengerot votéiert ginn ass. Dofir hunn mär och ouni Weideres den ugekënnegten Kredit fir 2011 vun 6.000.000.- € matgestëmmt, deen wahrscheinlech muss opgeholl ginn, fir di lafend Geschäfter ze finanzéieren. Wann ee baut brauch ee Geld!

Leider dauert d'Realisatioun vun engem Projet einfach ze laang, am Land, an och hei an der Gemeng,

- *de Boulodrom wor schonns eng al Kamell wéi ech virun 11 Joer an de Gemengerot komm sinn,*
- *un der Zuchtanlag ass iwwer 20 Joer gebréit ginn bis dass se elo endlech realiséiert gëtt , .....*

dat mecht e Projet net onbedingt besser an op kee Fall méi bëlleg.

Leider sinn awer nach eng Villzuel vun aneren Projeten ëmmer nach net ugepaakt ginn: dat ass sécher eng Saach vun Geld a Planung mee sécher och vun politeschem Wellen, z.B:

- *bei der Instandsetzung vun enger Villzuel vu Stroossen an Trottoiren, wou et nëmmen ganz schleefend viru geet trotz grousser Ukënnegung a festgesater Prioritéite Lëscht. Wéi oft gouf schonns vun der Héisénger Strooss an der rue Belle-Vue geschwat - mir waarden nach ëmmer drop dass eppes geschitt. Bei dessen 2 Stroossen genau wéi op de villen aneren Plazen, wou bis elo weder Strooss nach Trottoir an d'Rei gesat gi sinn,*
- *an der Cité Kaufmann steet d'Container-Schoul nach ëmmer an ass nach ëmmer e Schandfleck, och un der Platz ass näischt gemeet ginn,*
- *d'Surveillance à distance vun Waaserreservoir an Gemengegebaier steet séit éiwegen Zäiten am Budget, ass awer nach net installéiert,*

a.s.w., dir Beispiller gëtt et méi.

Fir vill ze bauen brauch ee natierlech vill Geld, an dofir soe mir och kloer, dass eng Rei vun Ausgaben déi gemeet gi sinn, eiser Meenung no besser hätten kennen investéiert ginn: z.B.:

- *sinn zesummen 1.102.000.- € fir d' Vëlospisten virgesinn, déi an eisen Aen vollkommen iwwerbewäert ginn an sech par rapport zu hirer Benotzung och iwwerméisseg staark am Budget erëmspigelen,*

*an et ass nach net fäerdeg. Zesummen 1.102.000.- €, wéi gesot, an eisen Aen en iwwerdriwwen héigen Budget fir Vëlospisten,*

- *och dass ë frësch renovéiert, an dofir deiert Familljenhaus fir 600.000.- € kaf gëtt (wat u sech net schlecht ass), fir et dann awer kuerz duerno vollstänneg ausenaner ze huelen an fir weider 1.192.000.- € ëmzebastelen fanne mir net ganz sérieux,*

Mer sinn och der Meenung, dass verschidden Honorairen an Etuden net onbedingt misste sinn. Do ginn d'Politiker an déi betraffen Servicer ze schnell d'Responsabilitéit un deier extern Büroen of. z.B.:

- *eng Etude fir „d'Erscheinungsbild" vun eiser Gemeng vun engem externen Bureau definéieren ze loossen. Mir hunn als Gemengerot kee Bericht gesinn, an ech froe mech wat dat bei eis bréngt (ausser méi engem deieren Welcome-Pack fir Leit di nei an eis Gemeng kommen) an ech hunn och nach net gemierkt dass eis Uertschaften duerch dëss Etude och nëmmen een Deucht méi attraktiv ginn wieren,*
- *eng Etude fir d'Stroosse-Geliets fir 60.000.- €. Nei a modern LED-Luten, doduerch méi eng grouss Sécherheet, manner Verschwendung beim Stroum - alles selbstverständlech, do sinn och mir dofir. Mee brauch een dofir eng Etude vun 60.000.- € vun*

*engem Expert fir ze wëssen dass dat alt Geliits ewech muss an ersat muss ginn?*

- *eng Etude fir de Galgebierg zu Bieles e bëssen ëmzegestallten fir 112.500.- €, wuelverstanen nëmmen Frais d'Etudes, an et ass nach net ofgeschloss. Selbstverständlech kann de Galgebierg méi frëndlech ëmgestallt ginn fir eis Awunner aus der Gemeng weider unzezéien, do hätte mer awer keen däitschen Expert gebraucht an 112.500.- € misse bezuelen fir e Projet, deen och hätt kennen vun eisen Gemengeservicer ausgeschafft ginn. Schliisslech hunn mer nieft engem Schäffen a Gemengerot och en Emweltburo, eng Ëmweltkommissioun, e Service Espaces verts, e Service technique an e Fierschter déi sech dem Problem Galgebierg hätte kennen unhuelen fir vill manner Geld a grad esou gutt,*

an et gëtt nach esou Beispiller. Mir sinn eis bewosst, dass virun verschiddenen groussen a komplexen Projeten muss eng Etude gemeet ginn, mer froen eis awer ob wierklech bei all klengem Projet eng deier Etude muss kommen, oder ob een dës Gelder net vill besser an méi effizient kéint an d'Projeten selwer investéieren anstatt an d'Etuden.

Nierft aller Kritik well ech awer ofschléissend soen, dass vill Gelder an Schoul- a Jugendpolitik gestach gi sinn, an Sportinfrastrukturen, an d'Kultur, d'Emwelt, vill Chômeuren kréien eng zweet Chance am CIGL, eis Sécherheetsdéngschter ginn ëmmer besser ausgerüst, eis Veräiner ginn ënnerstëtzt, a.s.w. .
Dat sinn Saachen op déi een als Gemenge-Conseiller, och an der Opposition, kann houfferech sinn. Dat kascht d'Gemeng vill Suen, mär sinn eis däers bewosst, ëmsou méi dringend ass et fir sech no neie Weeër emzekucken a fir dat Geld wat do ass esou effizient wéi méiglech anzesetzen.

Dem Här Theisen mat all senge Leit aus der Administratioun soen mir merci fir hier gutt Aarbecht um Budget an hier Zesummenaarbecht mat eis am Laf vum Joer.

Här Buergemeeschter, Kollegen aus dem Schäfferot, eenzel gekuckt hunn mir vill Projeten aus dem Budget 2010 matgestëmmt an wärden lech och 2011 ënnerstëtzen wann et eis sënnvoll schéint. Mer woren a sinn awer nach laang net mat Allem averstanen an dofir kenne mir d'Budgeten 2010/2011 och net global matdroen a stemmen dogéint.

Ech soen lech Merci.

Nico SCHROEDER

## DP STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2011

Här Buergermeeschter, dir Damen an dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot.

Am Virfeld wëll ech der ganzer Equipe hei am Haus an dem Service Technique e grousse Merci ausdrécken fir déi vill Aarbecht déi sie während dem ganzen Joer geleescht hun an och speziell deenen déi un der Opstellung vum Budget 2011 bedeelegt waren.

D'DP begréisst är grouss Investitiounen an de Bau vun CIPA a Schoul op Belval. Och stiecht der vill Suen an d'Färdegstellung vum Interventiounszenter, Erweiderung vum Sportkomplex um Scheierhaff, den Ausbau vum Boulodrome am Metzerlach, d'Schoul am Roudewee, d'Maison Relais an der rue de France zou Bieles asw. . Dir eegent lech zousätzlech Immobilien an Terrain'en enner anerem fiir den Aménagement vun Studentewunnengen un, an hut och wëlles eng Rei Kanalarbechten weider duerch ze zéien.

Am Ganzen gitt Dir am nächste Joer méi ewéi 86,6 Milliounen (Ordinaire + Extraordinäre Budget) aus.

**Mär ass Folgendes opgefall:**

Op de Saïten 120 vum B.E. (Nr. 6) goufen 2010 ronn 14 Mio Euro gestëmmt, et gouwen awer nëmmen 10.6 Mio verschafft. Dat mecht eng Diffenrenz vun 3,4 Mio Euro déi haaptsächlech op den CIPA zréckzeféieren sin.

Op der Saït 137 vum B.E. (Nr. 7) goufen 10,1 Mio Euro gestëmmt. De Rectifié weist awer nëmmen méi 4.3 Mio Euro aus. Wann een weider an Detailler geet wéi z.B. op der Sait 144 vum B.E. (Nr.8) stellt een eng Diff. vun 2,4 Mio Euro fest. Doriwer eraus faalen engem nach méi esou Sachen op z. B. Punkt 12 Saït 154. Kuckt een dann den "Total général", da stecht engem eng Differenz vu bal 15 Mio Euro an d'Aan. Esou gesin ass et natiirlech liicht, fir hërno vun engem Boni ze schwëtzen.

Hei nach e puer Beispiller fir dat Ganzt ze ennermaueren:

Am Budget 2010 stungen 150.000 Euro fir d'Installatioun vun Solarenergie Elementer. Et gouwen allerdings keng installéiert, esou dass dese Chiffer am Rectifié als 0 optaucht. Am Budget 2011, kuck hei, si nach just 100.000 Euro fiir dësen emweltfrëndleche Projet viirgesin. Komesch gring Politik ... weider Beispiller fënnt een nach a Relatioun mat der Ubannung un de Réseau vun der Velos-

pist a Richtung Uewerkuer, de Bau vun enger Passerelle vum Battingshaus an der rue de France eriwer bei de Bieleser Kierfech. Fir dësen Iwergang ze realiséiren leit schons länger Zait eng Genehmegung vun der CFL vir. D'lescht Joer stongen 50.000 Euro fir d'Erneierung vun der Industriestrooss zu Suessem am Budget. Am Rectifié 2010 sin et der nach just 10.000 an elo fir 2011 nees 40.000 Euro ageschriwen.
Et därf een nët vergiessen, dass d'Gemeng staatlechersaits vill Faveure kritt, wëll se sech jo bereet erklärert huet, d'Maison d'Arrêt op hirem Territoire bauen ze loossen.

Dat léscht Joer wollte mär scho wëssen, wéi a wou déi 20 Milliounen déi d'Gemeng fir de Bau vum Prisong versprach krutt, verschafft gouwen resp. nach emmer gin. Dës Kompensatiounssommen gin am Budget nët kloer erfiir.
Desen Dilettantismus vum Schäfferoot ass onverzeihbar. Keng detailleiert Planung, keen Durchbléck am Pluriannuel, keng Ahnung ewéi et weider geet, awer trotzdem Lobeshymnen op de Budget 2011, haaptsächlech vun eiser neier Finanzscheffin. Dat sin alles Sachen déi an eisen Aen nëmme schweier no ze vollzéien sin.
Sie liést en Dokument vun 10 Saiten fiir, ennerstraicht dat Ganzt och nach mat enger Power Point Show, schwankt vum Ordinären op den Extraordinären a wees herno wuel selwer nët mei waat dat eent a waat dat aanert ass. Et gëtt versicht mat Jongléieren vun Zuelen dat eigentlech Resultat ze verschéineren.
E weidere Prêt vun 6 Milliounen huele mer op. Nët dramatesch, aner Gemengen hun jo nach méi Schold.
Artikelen vun 2009 déi nët verschafft goufen, gin als Iwerschoss verbucht an hëllefen mat deene vun dësem Joer de Budget 2010 an d'Glaichgewiicht ze bréngen. Et gëtt sech mat engem "Surplus" gebrëtzt, deen just aus enger Viirtäuschung vun sougenannten Investen vun 2009 an 2010 entstaanen ass. Wéi seng Virgängerversiounen ass och de Budget 2011 nees e Wonschkatalog un deen een nët gebonnen ass!!!

A virun allem feelt et u Waïtsiicht. Et gëtt erem als renge Gestionnaire geschafft, ouni wirklech op d'Besoin'en vun de Suessemer Bierger anzegoen.

D'Prognosen wäerten wuel erëm eng Kéier nët agehalen ginn.
Si wäerten et awer erlaben, den nächsten Iwerschoss schons irgendwéi erfir ze zauberen (well jo een Deel vun den Ausgaben fir d'x-te Kéier opdaucht an d'Aarbechten dann op dat folgend Joer vertesselt ginn.

Mär als DP stëmmen de Budget dofir och nët mat.

Patricia SPECK-BRAUN

## LSAP STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2011

Här Buergermeeschter, Madame, dir Hären Schäffen, Kollegen a Kolleginnen.

Wéi d'läscht Joer well ech et och dest Joer net mëssen am Ufank vu menger Ried dem Schäfferot an all de Beamten a Beamtinnen vun alle Servicer ze féliciteieren fir d'Opstellen an Présentatioun vun desem Budget.

E besonneche Merci geet awer un de néi gegrënnte groupe financier deen dest Joer jo fir d'éicht agesat ginn ass an aus de Membren vun der comptabilitéit, der recette, dem secretariat an dem Schäfferoot besteet fir all Gemengenservicer ze sensibiliséieren hier Budgetsopstellung méi ze iwwerdenken a méi gezilt a méi efficace Gelder anzesetzen.

Mär fannen dat eng ganz gutt a wichteg Astellung a sinn houfrech, dass eis Léit des Aarbecht fir Servicer mat anzebannen an ze sensibiliséieren an Ugreff geholl hunn a si wäerten- wann dat dann och sou gewënscht ass - dat bestëmmt op des Art a Weis weiderféieren.

Virun engem Joer hunn ech op deser Plaz vun engem Monsterbudget geschwat, mä Zuelen vun desem Joer iwwertreffen déi läscht awer.

Ordinär dépensen vun 39,679 Milliounen an extraordinär Ausgaben vu ronn 47 Milliounen am ganzen also eng 86,6 Milliounen € déi Gemeng Suessem am joer 2011 wäert ausginn. Sécher ass, dass op där anerer Säit och ausseruerdentlech recette stinn vun ronn 37,5 Milliounen wat, jo wéi de Buergermeeschter soot, och en extrem héige Chiffer ass, beluecht duerch verschidde Subsiden vum Staat, déi finanziell Ennerstetzumg am Kader vun der Maison d'arrêt an duerch aides en capital vum pacte logement.

Egal wéi, investéiert eis Gemeng weider an Zukunft a plangt op efficace an awer och firsichteger Manéier fir en Investissement an méi Liewensqualitéit vu senge Bierger.

Wat ass Liewensqualitéit eigentlech? Wa mer d'Erklärung vun der WHO der Weltgesondheetsorganisatioun kucken déi seet:
„Lebensqualität ist die subjektive Wahrnehmung einer Person über ihre Stellung im Leben in Relation zur Kultur und den Wertsystemen in denen sie lebt und in Bezug

auf ihre Ziele, Erwartungen, Standards und Anliegen." (wikipedia)

Iwwert d'Fro wéi eng Beräicher een zur Liewensqualitéit ziele kann, do gëtt et ennerschiddlech Meenungen, mä allgemeng kéint ee soen dass et dat kierperlech, psychescht an sozialt Befannen vun engem Individuum ass.

Fir d'LSAP gehéiert do ouni Zweifel sech wuelfillen a sengem Duerf, senger Gemeng a sengem Land dozou. An dat geet nemmen wann een als Gemengemammen a –pappen alles mécht dass ee sech och wuel fille kann.

Dofir si mer der Meenung dass dese Budget e groussen Deel dozou bäidréit dass een gären hei wunnt a sech an der Gemeng Suessem wuelfillt.

Um Plang vun den schouleschen Infrastrukturen gëtt alles gemat fir eise jonken Schüler mat hierem Personal Méiglechkeeten ze ginn sech uerdentlech op d'Liewen firzebereeden. Graff gekuckt stinn 5,393 000 Milliounen am 2011 Budget fir den Enseignement. (ouni de Bau vun der éducation différenciée, wou jo déi selwecht Somme an de Recette steet)

Nieft eisen ordinären Ausgaben am Beräich vun der Kannerbetréiung gi mer nächst Joer ronn 400.000 € aus fir enner anerem déi néi Maison Relais an der rue de France zu Bieles. Maison relais déi eng wichteg Institutioun ass fir beruffstäteg Famillen an hier Kanner. An der Gemeng Suessem hu mer mëttlerweil an all Sektioun eng qualitativ héichwäerteg Kannerbetréiung a mär ennerstëtzen dat voll a ganz. Dat ass Liewensqualitéit pur.

Un eis eeler Matbierger gëtt selbstverständlech och geduet. Et ass gewosst dass den neien Cipa um Belval am gaang ass fäerdeg gestallt ze ginn an do stinn nach 10 Milliounen € am Budget. Et ass emmer rem wichteg ze betounen dass d'Altersheim um Belval och wäert a Gemengenhand bleiwen an dat ass gutt esou.

Nieft dem Cipa um Belval gëtt sech ganz stuark gemat fir betréites Wunnen am Alter ze schaafen. Fir d'Planungsaarbechten sinn 50.000 € firgesinn. 3. Alterskommissioun mat hierer Präsidentin Brigitte Lackner huet sech dofir agesat, dass mer als Gemeng Suessem sou e Projet kënne réaliséieren fir déi eeler Léit nach méi laang an hieren eegenen 4 Wänn ze loossen ier se dann an en adäquat Altersheim kenne plënneren. Alt erem e wichtegen Deel zur Erhalung vun der Liewensqualitéit.

Um Scheierhaff wäert nächst Joer am September en modernen, fonktionnelle Pompiersbau stoen, deen nach mat 2,870 Millioune € op der Lee steet. An enger Gemeng ass de Rettungswiesen e wichtege Fakteur a mär hu gekuckt dass eis Corpsen adäquat Réimlechkeete kréien fir an hierer Gemeng eng gutt Aarbecht am Dingscht vun de Bierger ze maachen.
D'Un-Vollversammlung huet am Juli 2010 den Zougang zu propperem Drénkwaasser an zur sanitärer Grondversuergung als e Menscherecht erklärt an dofir ass et emsou méi wichteg dass mer och als Gemenge no eisem wichtegen Grondversuergungsmëttel kucken. All déi Projets déi mam Waasser a mam Ofwaasser ze dinn hunn sinn ausschlaggebend fir Zukunft a fir eis Liewensqualitéit:

Am Beräich Waasser stinn 1.348.468 € am budget 2011 an dat enner anerem fir Aarbechten um Réseau an och fir Ernéierungen an Reparatiounen vun Waaserleitungen an der Gemeng um Fénkelbierg oder an der Niederkuerer Strooss zu Suessem fir nemmen déi ze nennen.

Beim Ofwaasser ass et och wichteg dass mer an Zukunft denken an déi richteg Entscheedungen huelen fir der europäescher Direktiv gerecht ze ginn. Mär sinn als Gemeng Suessem jo an 2 Richtungen ugeschloss un de Sivec zu Schëffleng an och un de Siach zu Péiteng. An den 2 Kläranlagen gëtt vun Ausbau geschwat a mer mussen och do investéieren. Grosso Modo zéihe mer mat 4, 7 Milliounen € zu Buch an doran sinn wichteg Aarbechten um Kanalnetz an Waasseriwwerlafbecken geplangt oder och de raccordement vun der Kläranlag Déifferdeng un Péitenger Kläranlag wou mär och als Gemeng drun ugeschloss sinn. Leider ass et nun awer esou dass och de Bierger säin Deel dozou muss bäidroen: duerch eng Waasser- an Kanaltax.

Mä et sinn alles rem weider Investitiounen an d'Liewensqualitéit vun de Bierger.

Ech well awer och nach kuerz de sportlechen a kulturellen Deel uschwäetzen deen ouni Zweifel och e groussen Deel vun jidderengem senger Liewensqualitéit bedéit.

Ee mat de gréissten Ausgaben am Beräich Sport ass den Ausbau vum Corks um Scheierhaff: do sinn nach 5.850.000 € am extraordinaire firgesinn fir 2011, an och de Boulodrome mat ronn 1 Millioun gëtt fäerdeggestallt. Am Ganzen stinn eng ronn 7,5 Milliounen € am Budget fir sportlech Infrastrukturen. Ausserdeem gett och den Uschloss vun der Velospist zu Uewerkuer gemat mat 340.000 €.

Fir Kultur kann een och nach eemol de Corks dozou rechnen, well jo do nieft dem sportlechen Deel och eng salle multifonctionnelle mat Bühn entsteet wat eise Veräiner ze gutt kënnt. Net ze vergiessen mat 179.000 € gëtt eng Hal fir d'Veräiner geplangt an am centre culturel zu Suessem ginn Fensteren ersat.

Och an dese Beräicher gëtt also geschafft fir eise Bierger e gudde Liewensstandard ze garantéieren an eis Veräiner mat anzebannen an deser, eiser gudder Liewensqualitéit.

Ech kann a well net all eenzelne Projet opzielen (obschon ech der lo schon eng Réih genannt hunn), mä ee Projet läit mer awer besonnech um Häerz.

Mat 15.000 € wat net sou e grousse Posten ass, ass eng maison de laïcité fir gesinn. Mär wäeren domat déi 1 Gemeng hei zu Letzebuerg déi sou en Haus an d'Liewe rifft. Et ass eis als Sozialiste wichteg och am Senn vun enger gudder Liewensqualitéit fir jiddereen sou e service senge Matbierger unzebidden.

Sou eng Maison de laïcité soll e lieu de rencontre sinn, en Austausch vun Iddien, Kontakter, Informatiounen an och servicer, op fir all Mënsch a wou e laïzistesche Gedanken Virecht huet, also d'libre pensée, Moral an Philosophie. E ganz luewenswäerte Projet deen eendäiteg sozialistesch Handschrëft dréit a wou mer voll ennerstëtzen.

Nieft dese villen a groussen Invester a Gebäier steet selbstverständlech emmer erem de Mensch am Mëttelpunkt an ech sinn och frou ze soen, dass eise Schäfferot es och net mitt gëtt intern an der Gemeng mat all den Akteuren zesummen ze schaffen a probéiert optimal ze fonktionnéieren. Mat villen Réuniounen si verschidden Aarbechtskonditiounen verbessert ginn, Aarbechtsofleef nogebessert ginn an zesummen mat der Delegatioun d'Organisatioun vun sou engem grousse Betrieb gemat ginn. Och dat si wichteg Punkten déi ee soll beuechten.
Där gesitt also dass mär als Sozialisten u ganz wichtegen Projets matschaffen an och ausschaffen an dat an gudder Zesummenaarbecht mat eisem Koalitiounspartner. Net all Projets sinn an eise Käpp eleng entstan, mà sécher ass, dass mer säit 2005 mat zoustänneg sinn, dass eng nei Dynamik an der Gemeng herrscht an d'Ausgaben an de läschte Joren bestätegen eis des Relance.

Ech si sécher, dass mer och am Joer 2011 et wäerte fäerdeg bréngen eis Gemeng op engem gudde Wee ze positionnéieren an weider ze brengen an dat am Senn vun enger gudder an heicher Liewensqualitéit fir eis Bierger.

An aus desem Gronn ass et selbstverständlech dass mär de Budget stëmmen.

Ech soen ärch Merci fir d'Nolauschteren.

Fir d'LSAP
Simone ASSELBORN-BINTZ

## DEI GRENG STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2011

Ech wëll am Numm vun menger Fraktioun och dem Schäfferot félicitéieren fir deen rout-gringen Budget deen hei opgestallt ginn ass. Ech betounen, dass all Projeten, och d'Maison de la laïcité, rout-gring Projeten sinn.

Ech well awer och als 5. Spriecher hei, eise Servicer Merci soen. Ech ginn lo net an d'Detailer, ech mengen, dass ukomm bei hinnen. Mir wëssen alleguer, dass e Budget kaum opzestellen ass wann net sie eng tip top Virarbecht do maachen.

Dee Budget hei zeechent sech virun allem doduerch aus duerch di immens héich Ausgaben am extraordinären Deel. Dat weist, dass hei an der Gemeng ganz vill geschafft gëtt. No ronn 30 Milliounen am Budget extraordinaire 2010, sinn fir d'nächst Joer 47 Milliounen virgesinn.

Et ass elo schonn gewosst, dass och an den nächsten 2 bis 3 Joer ähnlech héich extraordinär Ausgaben wärten mussen agesaat ginn, fir di Projeten alleguer färdeg ze maan. Dat wärt och dozou féieren, dass d'Gemengeschold héich wärt ginn, awer sie wärt na ëmmer tragbar bleiwen. Dorop hunn mer iwwregens och an eise Rieden schonn virun 2-3 Joer drop higewisen, dass dee Moment wärt kommen wou di Gemengeschold muss an wärt an d'Luut goen.

Et muss een awer dann och dobäi soen, dass praktesch all grouss Projeten dann hei an der Gemeng wärten réaliséiert sinn. Ech zielen se och lo nach engkéier op: den CIPA, den CORKS, deen Moment sinn praktesch all eis Schoulen renovéiert an vergréissert

ginn, an och d'Schoul um Belval wärt dann färdeg sinn, de Boulodrome, d'Maison Relaisen wärten weider ausgebaut sinn, de Pompjeesbau wärt färdeg sinn an nach aner Infrastrukturprojeten. An all di do Projeten, wann déi bis engkéier do stinn, wësse mer, dass dann fir 15 bis 20 Joer do, op där Front wärt net ganz Rou sinn, mee dann wärten do op jiddefall keng sou grouss Investitissementer méi musse kommen.

All di Projeten, ech mengen do sinn mer eis eens heibannen, déi sinn noutwendeg an déi sinn och wichteg. Dofir rechtfertegt sech an eisen Aen och deen Effort deen mer lo an dësem Joer maachen.

Iwwerrascht war ech bessen, muss ech soen, dass grad d'CSV Angscht huet an d'Zouverlässegkeet vum Staat, wat d'Zréckbezuelen vun den Subsiden ugeet. Mir schéngen do méi Vertrauen an de Staat ze hunn. Ech well awer dobäi betounen, dass mengen Wëssens et esou ass, dass deen Deel och muss an de Budget androen, dat heescht, dass een prozentual di selwecht Somme muss androen wéi un Subsiden vum Staat versprach ginn ass. Et as also net sou, dass den Schäfferot do iergendeppes falsch well duerstellen, mee wann een souvill Prozent vun Subsiden versprach kritt huet, dann muss een di selwecht Somme och am Verglach zu den Ausgaben dranschreiwen.

Ech well awer dann nach 2 Saachen hei betounen déi an eisen Aen och wichteg sinn. Di Joeren duerno wärt et, wann mer di do Investitiounen gemaach hunn, mussen mi lues goen. Net wat d'Politikgestaltung ugeet, mee ganz einfach wat di grouss Ausgaben ugeet. Et kann een net éiweg op deem doten Niveau extraordinär Ausgaben hunn. Ech mengen mir wëssen dat alleguer, dat packt keng Gemeng an dat muss eis heibannen och bewosst sinn. Mee dann hunn mer awer och alleguer di grouss Infrastrukturen gemaach.

Zweetens well ech awer och betounen, dass dësen Effort awer och just méiglech ass, well eis Gemeng an den leschten 10 bis 12 Joer finanziell gutt régéiert ginn ass. Vu dass mer haut eng finanziell Situatioun hunn déi déi aussergewéinlech héich Ausgaben an dësen Joeren dann iwwerhaapt mol erlaaben. Ech mengen, dass een dat fairerweis och mol muss dobäi soen, dass dat just doduerch méiglech ass.

De Schäfferot ass hei weiderhin um richtege Wee, mee souwuel wat d'Investitiounen ugeet, déi mer momentan tätegen, awer och wat d'Efforten fir d`Dépenses ordinaires net zevill wuessen ze loossen. Ech mengen, dass dat een Effort ass deen wichteg ass. Onofhägeg vun den Dépensen am Extraordinairen musse mer emmer erem dofir suergen dass eis Dépensen am Ordinairen net ze héich ginn, well just dat eis de Spillraum gëtt fir aussergewéinlech Investitiounen ze maachen. Dofir well ech dem Schäfferot félicitéieren fir déi Efforten déi an deem Beräich gemaach gi sinn, déi sinn ganz wichteg.

Fir eis as dat och e Budget deen mer op jiddefall kennen matdroen an deen mer dann och wärten als gring Fraktioun matstëmmen.

Ech soen ierch Merci.

Robert RINGS

## BÜRGERMEISTER GEORGES ENGEL NIMMT STELLUNG

Danach gab Bürgermeister Georges Engel (LSAP) Antworten auf die gestellten Fragen und nahm Stellung zu einzelnen Kritikpunkten der Opposition.
Natürlich habe man nicht vergessen die geschuldeten Gelder beim Staat anzufragen, weder bei den Chargés de cours noch bei der Assurance dépendance. Diese Gelder werden vom Staat ein Jahr später ausbezahlt. Eine solche Aussage, wie die der CSV, zeuge von einer sehr schwachen Sachkenntnis.
Ausserdem wunderte es Georges Engel (LSAP) sehr, dass die CSV den staatlichen Instanzen kein Vertrauen schenkt, wobei doch die CSV seit Jahren für die staatliche Poiltik im Land verantwortlich ist.
An Nico Schroeder (ADR) gerichtet, erklärte der Bürgermeister, dass auch die Gemeinden sich an das Gesetz halten müssen und daher die Anpassung der Wasser- und Kanaltaxen auch notwendig sei. Dennoch bleibe man mit 1,81 € noch unter dem vom Staat erforderten Wasserpreis, da man dem Bürger nicht zuviel zumuten könne.
An die DP ging dann nochmals die Erklärung, dass die insgesamt 20 Mio. € für den Bau des Untersuchungsgefängnisses nicht als globale Summe sondern in Form von Subsidien für einzelne Projekte ausbezahlt werden.

Anschliessend wurden beide Budget-Punkte mit den Mehrheitsstimmen verabschiedet.

## STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 7B VUM GEMENGEROT VUM 10.12.2010 - NICO SCHROEDER

## "ADR" GÉINT D'ERHÉIJUNG VUN DER KANALTAXE OP 2.05.-€/M³

Niewent dem Waasserpräis deen den 01.04.2010 op 1.92.- €/m³ festgeluegt gouf, ass fir all Bierger bis elo och eng Kanaltaxe vun 1.65.- €/m³ ze bezuelen an dann nach eng Taxe fixe vun 60.- € pro Haushalt.

Elo soll des Kanaltaxe schonn **erëm em 0.40.- € erop gesat ginn**, fir no an no "Käschtendeckend" ze ginn. Dat ass eng EU-Direktiv a soll/muss vun eiser Regierung ëmgesat ginn. Dofir ginn d'Gemengen elo gedirängelt fir hier Waasserpräisser erop ze sëtzen. An déi maachen dat och, schliisslech kennt da méi Geld an d'Kees.

Normalerweis, gëtt eis Regierung kritiséiert, dass se EU-Direktiven net oder vill ze spéit ëmsetzt. An dësem Fall awer sinn se esou séier wéi nach bal ni. Wann et dorëms geet Geld anzedreiwen, kann et schonns emol méi séier goen!

Mir sinn als adr géint des Erhéijung an och anerer, aus folgenden allgemengen Ursaachen:

- Des Direktiv muss elo nach net ëmgesat ginn an eis Regierung leet den Text och vill méi streng a méi héich aus, wéi et eigentlech vun der EU virgesinn wor a spréngt erëm virun de Won;

- Obschonns d'Leit des Kris net verursaacht hunn, ginn si awer elo ob praktesch all erdenklech Manéier zur Kees gebieden. Wann et sech an dësem Fall och em eng relativ kléng Somme handelt, ass et awer de Kumul vun de villen kléngen Sommen deen fir d'Bierger zur grousser Laascht gëtt. An dessen Zäiten eng Kostendeckung unzestriewen, ass ganz einfach irresponsabel;

- Souwisou fanne mir, dass et grondfalsch ass an net gerecht, grad beim Waasser wat praktesch en onabkömmlecht Grondnahrungs- an Hygienemettel ass, de Kostendeckungsprinzip unzewennen. Gemengen hunn an eisen Aën **eng sozial Vocatioun** an si sollten net wéi profitorientéiert Privatfirmen fonktionnéieren. Si sin an eisen Aën esuguer **verpflicht** de Leit gutt Waasser zu engen soziale Präis ze liwweren. Dat onsozialst an onverantwortlechst wat d'Regierung konnt an dem Bereich décidéieren, wor allerdings d'Ofschaafen vun den gestaffelte Präisser.

Och déi Tatsaach, dass d'Waasserpraïsser landeswäit oder regional ugepasst an uniform solle ginn, ass net nozevollzéien. Gemengen sinn an eisen Aen net direkt mat enaner ze vergläichen. Di eng hunn Milliounen an hiert Waasser- an Kanalnetz investéiert, di aner net! Di eng versichen Waasser anzespueren, di aner net! Och soss sinn d'Bedingungen bei der Waassergestioun an de Gemengen net gläich, also dierften/kennen/mussen och d'Präisser an Taxen beim Waasser net gläich sinn!

An dësem präzisen Fall, ass d'Propositioun fir de Präis unisono em 0.40.- € ze hiewen (1,65 +0,40 = 2,05.- €) vun de Gemengen komm déi Member am Wassersyndikat "SIACH" sinn. Nun ass eis Gemeng awer un 2 Syndikater ugeschloss, dem "SIACH" an dem "SIVEC". De SIVEC (wou och eis Nopeschgemeng Esch dran ass) huet d'Präisser **net ugehuewen**, de SIACH **hieft se un**. Wou ass do d'Eenegkeet? Wat ass do nach gerecht? Gin d'Präisser elo nach eng kéier erop wann den SIVEC och géng beschléissen seng Präisser ze héijen? Mir als adr stemmen des Taxenerhéijung net mat.

NS // 10.12.2010

## KANALTAXEN:

Et ass eng Part fixe an eng Part variable an keng TAXE, mee dat Ganzt nennt sech eng REDEVANCE.

(Den Enregistrement ass eleng berechtegt eng Taxe anzedreiwen, dogéint därfen d'Gemengen nëmmen d'Redevancen froen!)

D'Waasser ass eng "dépense non négociable" sein Preis ass eng politesch décisioun, mee Frais`en die duerch Waaserversuergung ann Oofwaaserentsuergung entstinn, mussen esou oder esou bezuelt ginn!
De Syndikat SYVICOL enner der Präsidentschaft vum Monnerecher Buergermeeschter Dan Kersch waert d'Praïser fir eis Suedgemengen heigen mussen fir den Nordgemengen Ennerstëtzung ze gin.
Bedëngt duerch hiir laang Wéeer an veraalten Infra-

strukturen ann verpassten Invester bezuelen si nët de rëellen Wasserpraïs.
Déi geplangten Mossnahmen sollen den Méiopwand am Norden duerch d'Erhéichung vun den Praïsser am Süden reduzéiren.
Mär als DP droen dës Solidaritéit mat, hoffen awer, Här Buergermeeschter, dass äre Parteikolleeg den Här Kersch déi selwecht Solidaritéit vun den Nordgemengen am Fall vun enger ähnlecher Situatioun z.B. ob den Frichen um Belval, zugestaan kritt.

Doriwer eraus géife mir eng besser Zesummenaarbecht zweschen deenen 3 Südsyndikaten SIACH, SIVEC et STEP begréissen, dëst schons eleng aus finanzieller an och aus praktescher Siicht.

F'CREATIONS




Commune de Sanem